


Persounen:

Meeschter Eder
 Anni, seng Schwester
 Butzi, hirt Meedchen
 Madame Stein
 Här Schmit
 Dr. Moitzheim

an de Pumuckl

D'Opféierungsrecht as ze
 kréien beim:

Textor Teaterverlag
 Jochen Weber-Unger
 Moserstrasse 6
 D - 6100 Darmstadt
 Tel: 06151 / 48911

1. A K T

Een almoudeschen Schreineratelier. Durch d'Fenster vum Atelier geseit een e Käschtbam, niewt der Fënster as d'Diir fir eraus an den Haff. Eng zweet Diir, op der aanerer Säit, geet am Schreiner seng Wunneng, déi um éischte Stack, iwert dem Atelier leit.

Ennert der Fënster steet eng Huwelbänk, an uewendrop, eng Këscht mat Neel a Schrauwen. Irgendwou steet eng almoudesch Kreessee; dann nach e Schaf mat enger Diir, esou grouss, datt een de Pumuckl dran aspäre kann. Am Fong vun der Bühn, leit e Koup Brieder, sou héich, datt de Pumuckl sech kann hannendrun verstoppen, an och mat engem Saz kann dropsprangen. Widder desem Briederkoup stin e puer Brieder, déi emgeworf kënne gin. An engem Eck steet en alen Uewen, an deem d'Holzreschter an d'Spéin kënne verbrannt gin.

Op dem Uewen steet e Wasserkessel. E Koup Huwelspéin leien niewt dem Uewen. Een Dëppen mat Leim steet um Buëdem, en decke Pinsel stecht dran, an op dem Dëppen steet mat groussen Buchstawan: " LEIM ".



Un der Mauer hänkt Handwierksgeschir, Bourer, Tournevisen asw.
 D'Geschir muss esou festgemaacht sin (mat Nylonsfuedem z.B.) datt se bewegt kënne gin, grad esou d'Neelkëscht an d'Handwierksgeschirkëscht. Et as der Phantasie vum Bühnenbildner keng Grenz gesat, Saachen opzehänken, déi wi vun "Geeschterhand" kënne bewegt gin.

Iwert der Entreesdir sin Schellen sou ugemaach, datt se all Kéier bimmelen, wann een erakënnt.

Wann de Rideau opgeet, gesi mir en eidelen Atelier an héieren de Pumuckl kickelen. Hien as onsichtbar. All Kéier wann de Pumuckl kickelt, bewegt sech eppes, "wéi vun enger Geeschterhand": e Bried fällt Ëm, Ën Hummer fällt vum Dësch, e Bild oder den agerumnten Meeschterbréif wackelt un der Mauer, schliesslech schwiewt den Tournevis, deen op engem halleffärdegen klenge Schaf an der Mëtt vum Atelier luch, durch d'Lût op d'Huwelbänk.

De Meeschter Eder kënnt eran. Hien as e Schreiner vum ale Schlag. Hien well dee klengen Schaf färdeg maachen, un deem nach eng Jarnéier unzeschrauwen as, an d'Dir anzehänken as. Hie greift nom Tournevis, mä den Tournevis leit nët op senger Plaz. Hien fänkt un ze sichen. Iwert dem Sichen schwiewt d'Jarnéier durch d'Lût op den Huwelspéinkoup. Schliesslech entdeckt de Meeschter Eder den Tournevis op dem Buedem Ënnert der Huwelbänk.

Oder
 Do leit e jo. Wéi kënt deen Tournevis nëmmen dohinner! Hm, villäicht as en mir erofgefall, an ech sin mam Fouss dowidder gestous, tt, tt, tt (Hien geet bei seng Arbecht hannescht a well d'Jarnéier huelen)

Wou hun ech nëmmen di Jarnéier geluegt?

(Hien sicht an senger Schirtechtäsch. Dann leet hien säi Brëll op de klengen Miwel, wëscht sech iwert d'Aen, sicht d'Jarnéier. An deem Moment, wou hien de Reck dréint, schwiewt de Brëll op de Briederkoup. Schliesslech fënnt hien d'Jarnéier bei den Huwelspéin. Hien hiewt se op a rëselte de Kapp.)

Ech mengen, ech sin net méi ganz richtig am Kapp! Dat gët et dach nët, datt ech d'Jarnéier op den Dreck geheit hun! Oder hun ech, wéi ech den Tournevis gesicht hun, d'Jarnéier...? tt, tt, tt, Tja, et fänkt een un, al ze gin!

(Hien geet erëm un seng Arbecht. Wéi en nom Tournevis well greifen, fällt deen op de Buedem. Den Eder reeft en op, hie well säi Brëll huelen)

Himmeldonnerwierder, wou hun ech dann elo mei Brëll hingeluegt?

(Hien sicht an allen Täschen, den Telefon rabbelt; um Telefon:)

Ja, Anni !! Dat as awer schéin, datt dir iech emol ërem mellt -
 Wat sees de? Du hues d'Zänn wéi? - An du bass schon hei op der Gare?
 An de Butzi as och dobäi! - Mä, hut dir dann allen zwee d'Zänn wéi?
 Nëmmen du, - , dat geet jo och schon deck dur. Jo, dir kënt bei mir
 schlofen, tja, wann et méi laang dauert, kënt dir och d'ganz Woch
 bleiwen. - - Ma du wärs dach net wëllen dauernd mam Zuch hin an hir
 fueren - Ech hun dach Plaz genug am Haus. - Oh Gott, ech hun de Butzi
 jo schon zwee Joer nët méi gesin. Et as bestëmmt schon eng kleng Joffer!
 - Jo, kommt nëmmen!!

(D'Schell geet, d'Dir geet op, d'Madame Stein kënt eran.)

Jo, Anni, ziel mir dat herno; ech hun ee Client, bis herno!!!

(hänkt an)

Mau.Stein Dir hätt wéinst menger nët breichten anzehänken.

Eder T'war nëmmen meng Schwester. Wann déi mat Tüten ugefangen huet, da kann
 et heiandsdo laang daueren. Si kënt op Besuch mam Butzi, dé Butzi as
 meng Nies; tja, meng Lieblingsnies.

Mad.Stein Dir strahlt jo richtig!

Eder Jo, ech frée mech drop!

Mad.Stein Aha, mei Schaf as jo bal färdeg.

Eder Ech muss nach eng Jarnéier uschrauwen, sapristi, wou as mei Brëll?
 (hie sicht)

Also haut as alles wéi verhext. Ech kënt schwieren, datt ech en hei
 hinne geluegt hat. Grad wéi ech elo éinescht hätt kënte schwieren,
 datt d'Jarnéier do leit.. ech kann iech guer nët soen, wou ech se
 schliesslech fonnt hun. Heiandsdo mengen. ech, ech spannen.

Mad.Stein Oh, do braucht dir iech näischt dobai ze denken. Dat geet mir graad
 esou. Dat kënt vun lauter Stress. Wéi oft sichen och meng Autosschlesselen?
 Oh mei! Mä, leit äre Brëll net doiwer op de Brieder?

Eder Tatsächlech!

(hëlt ongleeweg de Brëll, rëselt de Kapp)

Mad.Stein (sprengt mat engem Kreesch an d'Lût an greiwt sech un d'Been) Au !

Eder Wat as geschitt? Hut dir iech wéi geden?

Mad.Stein Nee, nee, ech sin erféiert, --- (laacht) et war grad, wéi wann een mech
 an d'Been gepëtzt hätt, Oh, Här Eder, wann dir nët esou wäit weg vu mir
 gestaan hätt, dann hätt ech iech elo am Verdacht gehat. Sou eppes Dommes!

der (laacht) Naja, sou domm wär dat vun mir villäicht guer nët gewiescht,
 Madame Stein - Mä leider -- !

Mad.Stein (wéi uewen)

Au, also, elo weess ech wirklech nët méi, wat ech hun.

Eder Dat sin d'Nerven. Dat gët et. Een nervösen Tick, dat huet een heiansdo. Ech hun e Client, deen mächt ëmmer esou (mecht et vir, pëtzt een A zou) Villäicht hut dir datselwescht am Been.

Mad.Stein Dir dit mech laachen. Ech kann dach nët wéi eng Flou dorëmmer sprangen.

Eder Keng Angscht -- et get nach Schlëmmeres. An iwregens, hält d'Sprangen fit. Mä lossen mir erëm sériö sin, Madame Stein, ech maachen elo ären Schaf färdeg, Hut dir nët nach eng Commissioun, dann kënnt dir en an enger halwer Stonn sichen kommen. E geet jo an ären Auto eran, oder nët?

Mad.Stein Secher! Also, dann kommen ech en an enger halwer Stonn sichen. (Si geet bei d'Dir, fällt (stolpert) iwert eppes Onsichtbares, kann sech nach just un der Huwelbänk upsaken.)

Eder Hoppla, Madame Stein!!!

Mad.Stein Wat hun ech dann haut nëmmen? Iwer wat sin ech dann elo gefall?

Eder Do leit awer näischt. Dann kënt dir nemmen iwert är eegen Féiss gefall sin.

Mad.Stein Mä sou eppes !!!

Eder D'Haauptsach as, täas iech näischt geschitt. Also, dann bis an enger halwer Stonn.

Mad.Stein T'as an der Rei!

(Si geet zur Dir eraus. Den Eder geet un seng Arbecht. Hien setzt de Brëll op d'Nues, hält d'Jarnéier an den Tournevis an fänkt un ze schaffen. E Bried fällt ëm, den Eder erféiert, rëselte de Kapp. Ouni datt den Eder et mirkt, bewegt sech d'Neelkëscht, si rutscht bis op de Bord vum Dësch, fällt erof. Alles wat dran war, leit um Buedem.)

Eder Hellegen Birebam, wéi as dat dann elo geschitt? Hat ech déi sou saublöd higesat! Dat feelt mir nach grad, elo kann ech och nach de ganzen Buttik ophiewen.

(Den Eder fänkt un d'Neel opzerafen, et piepst an engem Eck, wéi wann eng Maus do wir.)

Wat war dann dat? Eng Maus? (Et piepst nach eng Kéier.)

Do as bestëmmt sou ee Biest! Eng Maus oder eng Rat. Oh wart nëmmen, dech wärt ech gläich hun!

(Hien hält e Steck Holz a krëcht an deen Eck, wou et gepiepst hat.

Wann hien do ukënt, bewegt sech d'Handwirkseschir un der Mauer, grad wéi wann just een am Laanschtlafen dowidder kom wier; dann piepst et aus engem aaneren Eck. Den Eder dréihnt sech ëm, schleicht mam Steck Holz an deen aaneren Eck. Knapps ass hien do, piepst et hannert dem Leimdëppen. Do fänkt d'Leimdëppen un 'ze wackelen an sech ze bewegen, bis aus dem Gepieps schliesslech e Gejéimers gët.)

Pumuckl Géi dach weg! Géi dach weg" Blöd Dëppen, géi dach weg!

(Ebeemol geseit een de Pumuckl, e lëschtegen Wiichtel mat roudem Struwelhoer, mam Leimdëppen un sech pechen. Hien probéiert mat aller Force (eventuell komeschen Danz) fir vuß Dëppen lass ze kommen.)

- Eder Ech sin iwergeschnappt. Endgölteg iwergeschnappt. Eder, bleiw roueg....
denk un dein Härz.... dat ass alles nët wouer ... ech dreemen...
- Pumuckl Ts, du dreems iwerhapt nët, ech pechen un deem blöden Dëppen.
Huel mir et dach endlech weg! (Hien knuppt mam Fouss)
Ech wëll lass... ech wëll lass !!!
- Eder Du bas mir villäicht e komeschen Vull!
- Pumuckl Sin kee Vull ! Sin de Pumuckl!
- Eder (ganz paff) Ah !
- Pumuckl Hëllef mir dach ! Mengs du, ech wëll fir Ëmmer mat deem Dëppen dorëmmer
spazéieren?
- Eder Neen, - dat wëll kee Mënsch.
- Pumuckl (rosen) Sin kee Mënsch! Sin ech Wiichtel!
- Eder Wat bas du?
- Pumuckl E Wiichtel!
- Eder Hellege Birebam, dat gët et dach nët!
- Pumuckl Hellege Birebam, dat gët et. (leeft mam Dëppen bei den Eder)
Hëllef mir dach"
- Eder (hält virsichteg d'Dëppen un an hält et fest, datt de Pumuckl sech
lassrappen kann. De Pumuckl bunzelt op de Buedem.)
Sou, elo bass de lass.
- Pumuckl An du bass mech och elo gläich lass. --- Hui, ech verschwanner ----
(hien mecht d'Aerem auserneen, wéi wann hien wëllt fortfléien).
- Eder Wou verschwënns du dann?
- Pumuckl (mat komeschem Zaubertoun)
An d'Wiichtelland!
- Eder An wéi mechs de dat?
- Pumuckl Sou, ganz einfach, sou.. (Hien kuckt ganz erféiert laanscht sech erof)
T'geet nët méi!
- Eder Dat schengt mir allerdengs och sou.
- Pumuckl Oh Wiichtelsschaan, mech kann een gesin!
(rennt d'Dëppen mam Fouss) Blöd Dëppen, blöden Leim. Oh, ech kënt
mir zweeanzingeef Hoer ausrappen.
- Eder Du hues der jo: genug um Kapp. Iwerhapt, du k"ens dech roueg mol kämme.
- Pumuckl Kämmen! Pfui Deiwel ... Mech kann ee gesin! Pfui Deiwel!
(fänt un erbärmlech ze kräischen)
Mech kann ee gesin, oh.. oh...
- Eder Duerfir brauchts du dach nët ze kräischen. Mech kann een och gesin, ma
duerfir brëllen ech dach nët.
- Pumuckl Dech muss een gesin. - mä mech. Ch, oh....
- Eder Kann een dech da soss net ?

- Pumuckl Ma neen, n'ëmmer well ech pechen bliwen sin.. (flüstert e wéineg onheemlech
Wann e Wiichtel un enger Mënschsaach hänken bléwt, oder vun engem
Mënsch gepëtzt oder festgehalten gët, dann... kann een e gesin.
(ganz feierlech):) Dat as Wiichtelgesetz!
- Eder Mir geet d'Hingerhaut aus; an dat hun ech guer nët gär. Du bass jo ganz
léif, mä am Fong geholl, ech muss dech nët gesin.
- Pumuckl (wéi uewen)
Du kanns mech vun elo un ëmmer gesin; mä dat gëlt nët fir di aner Mënschen.
Ween mech eemol gesin huet, dee kann mech ëmmer gesin. Wiichtelgesetz!
- Eder Was du nët sees! A wanns du elo einfach fortleefts, bei aaner Leit,
da kann jo keen dech méi gesin.
- Pumuckl Muss bei deem bleiwen, deen mech fir d'éischt gesin huet, Wiichtel-...
Gesetz. Ma bee merci, dann muss ech dech elo halen, ob ech wëll oder nët?
- Pumuckl Ch, du wëlls dach!
- Eder Dat as nach guer nët sou secher. Ech mengen, villäicht kënns du mir
e wéineg hëllef schaffen?
- Pumuckl (ganz entsat) Schaffen?
- Eder Jo, sou heiandsdo e wéineg opraumen.
- Pumuckl (nach méi entsat) Opraumen!
- Eder Also sou en Durcherneen as guer nët bei mir, dass du dech sou muss stellen.
Mä wann mir, wéi haut, d'Neel roffléien, dann kënns du mir hëllef se
opraafen.
- Pumuckl (ganz distinguéiert) E Wiichtel kann nët raafen. Opraafen schon guer nët,
höchstens ofraafen (Hien hëlt e puer Neel, an léisst se op de Buedem
falen).
- Eder Häls du elo op domat!
- Pumuckl (kickelt an danzt a léisst ëmmer erëm en Nol faalen)
Erof fällt de Nol
Rot mol, wéivill mol!
Erof fällt den Hummer
Méngs du, t'wir nët wouer?
- Eder Elo häls du awer gläich domat op!
- Pumuckl Ech halen ni gläich op, ech halen ëmmer herno op. (hëlt d'Jarnéier)
Ech verstoppen d'Jarnéier,
flupp, hannert d'Fläsch Béier ! (verstoppt d'Jarnéier)
- Eder Elo geet mir d'Speicherlicht op. Dat wars du alles!
- Pumuckl An dotëschent pëtzen ech
an d'Been dech genësserlech (pëtzt den Eder an d'Been)
- Eder Au! (laacht) Hannen um Enn hues du d'Madame Stein ...
- Pumuckl Nët um Enn, an d'Been!

Eder Mä sou därf een nët mat den Client'en Ëmgoen.

Pumuckl Ech gin nët Ëm, ech sprangen Ëm. (fänkt un dorëmmer ze sprangen, op d'Brieder an erof, op den Dësch an erof, dobäi hallef am Sangen:)

Ech sprangen Ëm

Ech sprangen op

Ech sprangen op d'Breet

Ech sprangen fréi,

Ech sprangen spéit

Ech sprangen ëmmer wann et geet..

Eder Dei Bop war bestëmmt eng Flou!

Pumuckl (hält matzen am Sprangen op, steet héich uewen op de Brieder a seet ganz distinguéiert)

Mäi Bop war keng Flou, mä e Wiichtel, hien huet op deem gréissten Segelschëff vun der Welt geliewt, dat op de gréisste Wellen vun der Welt geschwomm ass, ... an duerfir hun ech se all sou gär, d'Segelschëffer an d'Waasser an d'Wellen.

Eder Wéi kënnst du dann ausgerechent bei mech a meng Wiirkstaat, wou et dat alles nët gët?

Pumuckl Well ech d'Welt wollt kenne léieren, nët nëmmen d'Wellen.

Eder Hei ass dach nët d'Welt!

Pumuckl Firwat nët? (muss gapsen)

Oh, wat ass dat? (Hien weist op säi Mond, dee vum Gapsen opstoen bliwen war).

Eder Du hues gegapst.

Pumuckl Firwat?

Eder Wells du midd bass.

Pumuckl Oh, wéi sin ech sou midd. Ech gin elo gleich schlofen. Direkt!
(Hien wullt sech an d'Huwelspéin)

Eder Neen! Neen, net heihin. D'Huwelspéin werfen ech an d'Feier. Ebeemol hun ech dech och nach mat verbrannt.

Pumuckl (léiw) Neen, dat mechs du nët. (Emmer méi lues iwert dem Entschlofen)
Nët, gët, Rët, hët, Mët, Schmët

Eder Leet sech einfach dohin a reimt nach iwert dem Entschlofen.

Pumuckl (iwert dem Schnarchen)

Wiichtel an Reimen passen zuseimen.

Eder Zesummen, seet een.

Pumuckl Wiichtel an Blumen passen zesummen (entschléift)

Eder (laacht, leet dann ganz zärtlech sein Schirtech als Decken iwert den Pumuckl a kückt hien.)

Wéi schéin schléift en. Du brauchst nët ze färten, ech verbrennen dech bestëmmt net mat. Nee sou eppes! Elo hun ech e Wiichtel. Di aner Leit hu Kanner, oder Kaatzen oder Honn, oder Kanarievillercher oder wäiss Meis, an ech hun e Wiichtel. Nee, sou eppes, do muss ech mech d'éischt drun winnen.

- (Et bimmelt un der Diir, den Eder fiirt zesummen. De Schmit kënt eran)
- Eder Em Gottes wëllen, Gusti, nët sou haart! (geet op de Schmit duer)
- Schmit Wat heescht hei, "net sou haart", dat war ech dach nët, dat waren deng Bimmelen do. Wat bas du dann sou erféiert?
- Eder (dréihnt sech zum Pumuckl, deen ass awer verschwonn.)
Well ech e ganz komeschen Besuch hun, deen elo do an den Huwelspéin schléift. -- (as paff) - A fort as en!
- Schmit Ween ass fort?
- Eder De Wiichtel!
- Schmit Ween?
- Eder Ma de Wiichtel.
- Schmit As dat ee Client?
- Eder (durcherneen) Ma neen - dat as --- ech mengen, ech spannen.
Ech wärt dach nët zu mengen alen Deeg nach iwerschnappen. Elo grad war en nach do, oh jo, (virwurfsvoll) elo bas du erakomm, an elo kann een en nët méi gesin.
- Schmit Ech verstin zwar net alles, mä kann ech dir irgendwéi hellefen? Huet deen Här Wiichtel eppes geklaut, an as doduerch?
- Eder Ma neen, dat as keen Här Wiichtel - et as iwerhaupt keen Här, --- mä nu lauschter mol, hei stëmmt eppes nët. Dauernd leien meng Saachen op enger aanerer Plaz, as wou ech si higeluegt hat.
- Schmit. Hal nemmen op. Jidfer Mënsch vertesselt mol seng Saachen (laacht)
Wat mengs de, wat ech alles vertesselen?
- Eder Nët nëmmen dat! Da faalen d'Saachen erof, cuni datt ech nëmmen drukomm sin. Hei, wéi meng Neelkëscht zum Beispill.
- Schmit Du wärs se nët gudd dohinner gestallt hun.
- Eder Dat hat ech t'éischt och gemengt. -- Awer t'éinescht war en einfach ebeemol do
- Schmit Ween?
- Eder De Wiichtel ! Ee richtegen Wiichtel. Ee léiwen klengen Kärel mat rouden Hoer an ...
- Schmit Eder, hal op, mir geet d'Hingerhaut aus!
- Eder Mengs de mir wir se nët ausgaangen, wéi hien mir dat mam Wiichtelgesetz erkläert huet -- dass een en nëmmen kann gesin, wann een mat him elengas, an datt en Pu.. Pu, - elo weess ech nët méi wéi en heescht ... mä en hat mir et gesot!
- Schmit (kuckt den Eder ganz suergevoll)
Eder, mengs de nët, du solls bei den Dokter goen. Ech hun e Client, deen as Spezialist...
- Eder Je, je, ech sin sou normal wéis du, nëmmen...

- Schmit Et kënt jo och sin, dass du alles gedreemt häs. Dat gët et, datt een sou fest dreemt, dass een herno ment, et wir alles richtig geschitt.
- Eder An stell dir vir, deen Neischtert hat och nach d'Madame Stein an d'Been gepëtzt. (laacht) Si hätt mech souguer verdächtig, wann ech nët sou wäit weg gestaan hätt.
- Schmit D'Madame Stein!!! Dat hues du bestëmmt gedreemt!!! Just un dat, wat ee virum Erwächen dreemt, erënnert een sech am beschten.
- Eder Mä dat war dach elo eréischt alles virun e puer Minuten. Ech dreemen dach nët iwert dem Schaffen.
- Schmit Pass emol op! Has du dech iwert dem Schaffen néiergesat?
- Eder Neen --- dach --- ech weess dat nët méi sou genee.
- Schmit A wat hues du dann haut schon geschafft?
- Eder Ech wollt dee Schaf färdeg maachen, an ech sin nët färdeg gin. Ech muss nach eng Jarnéier umaachen.
- hmit As dat alles, do häs du dach missten an enger Véierelstoñn färdeg sin. Wees du, wéi et war -- du hues dech dohinner gesät an dun hues du en Tëmpchen gehalten. Dat kënnt vir, wann een nët méi där Jengster as --- an dun hues du dat alles gedreemt. An dun bas de erwächt, wéi et gebimmelt huet.
- Eder Ma do stungech dach do, wéi's du kom bas, ech sutz dach néierens.
- Schmit Dann hues de eben iwert dem Stoen geschlof. Dat gët et! Hei, am Krich hun ech een kannt, deen konnt sou gutt am Stoen schlofen, wéi mir am Leien.
- Eder (onsecher) Mengs du wirklech, dass et dat gët?
- Schmit Ah, dat kann ech dir schwiiren! --- An elo schwätzen mir léiwer vun aaneren Saachen, an dann denks de net méi un dee Blödsinn. Iwregens, ech hun dir iwerhaupt nach nët gesot, firwat datt ech komm sin: Deng Camionette brauch eng nei Kupplung, si muss nach een Dag méi laang am Garage bleiwen. Wann's du eppes liweren muss, dann muss ech dir eben eng Camionette léinen.
- Eder Oh wat! Ech brauch näischt ze liweren! --- (nodenklech) So mir et nach eng Kéier: Gët et dat wirklech, datt een am Stoen schléift?
- Schmit Majo secher! Mä wann een dat méi oft huet, dann huet ee besser bei den Dokter ze goen. An elo äddi!
- Eder Addi, Gust!
- Schmit Denk nët méi un dei Wiichtel! (geet bei d'Diir)
- Eder (nodenklech) Hien huet mir sein Numm gesot. Irgendeppes mat Fu.
- Schmit Vergiess et!
- Eder (et fällt him endlech an) Pumuckl heescht en, Pumuckl. Elo weess ech et erëm. An sei Bopi war och e Wiichtel.

- Schmit (matleedeg) Ech muss fort, Fräz, mä ech kommen mar laanscht, du kanns dech drop verloossen. (geet fort a mecht ganz lues d'Diir zou, den Eder steet mam Reck zu den Huwelspéin)
- Eder (fir sech) Also -- wann ech mech elo ëmdréinen, dann misst een en erëm gesin an de Spéin leien -- wann nët, dann hun ech gedreemt -- dann gin ech mar bei den Dokter -- also -- ganz lues -- (dréint sech lues em) Näischt, glad näischt, t'as keen do. Vlächicht huet en sech am Koup verstoppt? -- (wullt) -- neen, t'as keen do -- (riff) Pumuckl! Pumuckl! Dann hat ech awer gedreemt. T'kann engem richtig Angscht gin, wann een schon matten am Daag d'Männercher geseit. (riff)
- Pumuckl! Vlächicht sëtzt en éirewou? Vlächicht as en erwächt an huet sech verstoppt? (fänkt un ze sichen)
- Pumuckl! (sëtzt sech schwéierfälleg op e Stull) Ojémine! Wann een awer schon am hellen Dag dreemt. (D'Madame Stein kënt eran, den Eder fiirt an d'Lût, hien hat gement et wir de Pumuckl, as dann enttäuscht)
- Ah, dir sit et, Madame Stein.
- Mad.Stein Hat dir op een aaneren gewart? T'as secher nach ze fréi ----
- Eder Allerdings! Et mecht awer näischt. Hut dir e wéineg Zäit fir ze warden, ech hun nach just zwou Schrauwen ... (hoffnungsvoll) wann ech d'Schrauwen fannen...
- Mad.Stein (weist op d'Schrauwen) Sin dat se?
- Eder (enttäuscht) Jo, dat sin se. Si leien nach just do, wuer ech se higeluegt hat. Mä villächicht ... vlächicht as den Tournevis net méi do?
- Mad.Stein (weist op den Tournevis) Do leit een.
- Eder Tatsächlech, (otemt schwéier) Also dann ran mat de Schrauwen!
- Mad.Stein Wat zit dir dann den Otem sou schwéier?
- Eder (mecht e klenge Spronk) Au! Au!
- Mad.Stein Hut dir iech wéi geden?
- Eder (laacht glectlech) Ma'jémennée, hien huet mech gepetzt.
- Mad.Stein Ween?
- Eder Ech hun awer nët gedreemt!
- Mad.Stein Här Eder, passt op, di Kescht rutscht---
- Eder (frou) Jo, den Dësch as e wéineg schief --- (laacht) - a wéi as deen schief (D'Kescht fällt erof) Nee, sou eppes, awer oft därfs du dat nët maachen.
- Mad.Stein Elo verstin ech, firwat bei iech näischt färdeg gët, wann dir souguer mat ärem Desch schwätzt, anstatt ze schaffen. (wéi si sech beckt fir d'Kescht opzeraafen, kënt vun uewen erof eng Stepswollek vun Seemiel) Oh Jesses, wat as dann dat? Ech sin jo vun uewen bis ënnen voll.

Eder (ëmmer méi leschteg) Dat as awer wirklech allerhand. Häls du elo gläich mat där Dreckserei op!

Mad.Stein Dir sit gudd. Et geet nët dur mam Dreck ze schwätzen, dir sollt en wegweschen.

Eder Dir hut recht. Deem Neischnotz wärt ech eng ausweschen - ee, deem Steps, wollt ech soen.

Mad.Stein Wësst dir wat? Mir as et hei e wéineg ze stëpseg. Dir kënnt mir de Schaf jo heembrenge, wann e färdeg as.

Eder Jo, jo ech brengen en. Dat as dat Geschëtst.

Mad.Stein (iwert dem Fortgoen) Also, bis wéini?

Eder Bis an enger Stonn!

(D'Madame Stein geet fort)

(Den Eder schwätzt no uewen, vun wou de Stëps komm as, mam Reck zu de Brieder, hie laacht)

Du bas mir e Schlaumeier, Pumuckl. Dat därf een dach nët maachen.

Och nët, wann een e Wiichtel as. Du verdreiws mir jo d'Client'en.

Hues de mech verstan? (alles roueg)

Ech hun dech gefrot, ob's du mech verstaanen hues.(roueg)

Pumuckl, äntwer elo, ech wees dach, dass du et wars. (roueg)

Ech sin sou frou, dass du wirklech do bas. Ech wär mir wéi en Eefalt virkom, wann et dech nët géif gin. Pumuckl, du wells dach sëcher nët, datt ech wéi en Eefalt hei stin, oder?

Pumuckl (sprengt hannert de Brieder eraus, hien as voll Seemiel a Stëps, fänkt un ze hopsen, an ze danzen an kickelt dobäi.)

Keen fënnt de Pumuckl, wann de Pumuckl nët wëll. Keen, keen, keen!

Eder Komm heihin, weis dech emol.

Pumuckl (sprengt den Dësch erop an erof, op d'Huwelbänk asw. entwutscht awer emmer erem. Kickelt)

Wärs du méi schlau, geséischs du mech méi genau!

Eder (erwëscht hien) Geseis du, et muss een guer nët sou schlau sin.

Mä wéi geseis du dann aus.

Pumuckl Wéi ech ausgesin. Ech gesin guer nët aus, well een mech nët ka ges....

(fällt him an) Oh, ech hat et ganz vergiess, mech kann ee jo gesin.

Wann ee mech kann gesin, dann kann ech jo och ausgesin.

Eder Voller Stëps a Seemiel! Et as jo awer och kee Wonner, wann een de Steps vun uewen erofgeblosen huet.

Pumuckl (kickelt) Dat war flott, Stëps vun uewen muss een luewen, reimt sech, an alles wat sech reimt, ass gudd, Wiichtelgesetz.

Eder An alles wat dreckeg as, gët propper gemaacht, Menshegesetz. (Hëlt eng Biischt an fänkt un de Pumuckl ofzebiischten. Et geseit een eng grouss Stëpswollek.)

- Pumuckl Loss dat, dat as jo, dat as jo (muss néitzen) Wat war dann dat?
(Muss nach en Kéier néitzen) Wat as dann mat menger Nues?
- Eder Du hues Steps an d'Nues krit, an wann een Steps an d'Nues krit, da muss een néitzen.
- Pumuckl Wat een alles muss, wann een ee kann gesin! Ha-ha-hatschi! Dat as komesch.
- Eder Sou, elo geseis du erëm manéierlech aus. (léisst en lass). Wann ech dech elo nach géif kämme....
- Pumuckl (rappt sech lass, sprengt op d'Brieder a riff) E Wiichtel därf net gekämmt gin. Kämmen as ongesond. (iwerdriwen, sou datt ee miirkt datt en flunkert) Hu --- wann een e Wiichtel kämmt, dreimol Hu, ---Hu - Hu ..
- Eder Wat geschitt dann?
- Pumuckl (normal) Dann, jo dann (weess et selwer nët, dann stahlt en) D'Gleck as gebremst, wann een e Wiichtel kämmt.
A wat sech reimt, as ëmmer wouer.
- Eder Oh du mat dengem Reimen. Iwregens, haut kréien ech Besuch, meng Schwester an den Butzi. Villäicht kënnt dir mateneen spillen, t'wär dach flott!
- Pumuckl Ech kann dach nët mat engem spillen, deen mech nët geseit.
- Eder Hm, dat as och richtig. T'wär schued, wann de Butzi sech irgeren misst, well et dech nët geseit.
- Pumuckl Oh, sou schued wär et och erem nët.
D'Leit iirgeren, se héieren wiedereren, de Mëndchen spëtzen, an d'Wueden petzten, ewéineg uzen, se eenzock duzen.
- Eder Ah, dat gët et nët, verstaan. A schon guer nët beim Butzi, wou ech mech sou op et freen.
- Pumuckl (fänkt un jalous ze gin)
Ah, op mech frees du dech guer nët?
- Eder Nuje, un dech muss ech mech d'éischt emol gewinnen. Mä wees du, de Butzi wärd dir bestëmmt gefaalen mat senge blonden Krauselen.
- Pumuckl Krauselen?
- Eder A groussen bloen Aen.
- Pumuckl Ech fannen schwaarz Aen vill méi schéin.
- Eder A gescheit as et, soen ech dir!
- Pumuckl Dat feelt mir nach grad. Blond a blo a gescheit, dat as jo ze domm.
- Eder So emol, deng Astellung gefällt mir guer nët.
- Pumuckl An deng Virstellung gefällt mir glaad nët.
- Eder Mä do hun ech mir jo eppes Schéines agebrockt. Ech liewen jo d'auernd an der Angscht, dass du eng stiichs. Dat as jo schrecklech. Dat as jo schlëmmer wéi e Sak voll'ar Fléi ze hidden.

- Pumuckl (genässerlech) Fléi!! Dat wär schéin. Ech géif se, an der Nuecht, dem Besuch an d'Bett setzen. (kickelt) - an dann géifen se hu -- hu -- jeitzen, well et se iwerall beisst.
- Eder An ech hat geduecht, du wirs een allerléiwsten Wiichtel.
- Pumuck Sin ech och, deen allerléiwstbeschten Pumuckl, deen et op der Welt gët. Leider gët et nemmen een.
- Eder Schued, dass dat keen anständegen Pumuckl as.
- Pumuckl Stänneg anständig as richtig anstänneg onanständig.
- Eder (Hält sech d'Oueren zou.) Hal nëmnen op! Hätt ech dach nëmnen dat Holz nët op d'Leimdëppen geheit.
- Pumuckl (Rosen) Sou, dir deet et wuel leed dass du mech kanns gesin. An dat alles wéinst deem dommen, bloen, blonden Butz. An dobai solls du frou sin, datt ech do sin - oh an - ech sin dach sou frou well ech gären do sin, wou's du bas - an wou souvill Holz as - an iwerhapt - (fänkt un ze kräischchen) - an elo häss du léiwer d'Holz hätt mech mausdoud geschlo -- oh -- a keen as frou mam Pumuck -- oh -- nëmnen dee blöden Butz ----
- Eder Du wärs dach nët jealous sin!
- Pumuckl Neen, ech wärt nët jealous sin, ech wärt ... ech weess nët wat ech wärt, a wéi ech wärt, an ween ech wärt, an wou ech wärt, --- mä ech wärt schon irgendwéi, a jo, dat wärt ech (sprengt op de Koup Brieder an verschwënnt hannendrun.)
- Eder Nee, gët et nach sou eppes! A wat wärt dat nach gin. Wat soen ech nëmnen, wann deen dauernd eng stiicht. Mech hält dach jidferen fir verreckt, wann ech deem verzielen, datt ech e Wiichtel hun. (fänkt un, der Madame Stein hiren Schaf färdeg ze maachen.)
- Pumuckl, komm emol heihin! Mir mussen mateneen schwätzen!
(Hannert dem Eder sengem Reck, gët vu baussen d'Fenster opgedreckt.
De Schmit wenkt engem Här, et as den Dokter Moitzheim. Si lauschteren dem Eder sengem Monolog no.)
- Du brauchst elo nët beleidegt ze sin. Wanns du wëlls hei wunnen bleiwen, musse mir kucken, datt mir mateneen eens gin. Verstees du dat, Pumuckl. Du därfs jo heiandsdo een pëtzen -- vun mir aus -- du därfs och heiandsdo eppes verstoppen -- awer nëmnen heiandsdo -- gedu, soss packen ech dat jo net. Pumuckl, komm mol heihin! Ech hun dech gär, ech sin jo sou frou, datt et dech wirklech gët, an datt ech dat alles nët gedreemt hat. Komm hannert deenen Brieder do raus. Komm, mir schwätzen mateneen.
(D'Fenster gët deenen zwee Hären op der Nues zouggeschloen. Dem Dokter sein Hut well fortfléien, gët awer nach vum Dokter erwëscht. Den Eder geseit d'Hären, as genéiert)
- A duerfir huet en sech nët gewisen. Kommt eran!
(Dizwee Hären kommen eran.)

- Schmit Hei stell dir viir, Franz! Grad begéinen ech dobaussen dem Dokter Moitzheim. An du sin mir an d'Gespréich komm, an dunn hun ech ..
ö, dun hat hien... also weess de, den Dokter Moitzheim interesséiert sech schrecklech fir Miwelen.
- Dr. M. Ah jo... ganz vill. Mä wat mech nach méi interesséiert, dat as dat, waat ären Frend mir erzielt huet.
- Eder Sitt dir de Spezialist, deen de Gust kennt. (zum Schmit)
Ech hat dir dach gesot, dass ech nēt fuebelen.
- Dr. M. Dat behaupt jo keen, Här Eder. Aren Fall interesséiert mech -- Et kënnt öfters viir, datt Leit behaupten, si géifen ënner iwernatirlechen Halluzinatiounen leiden.
- Schmit Bei deenen geschitt och Allméigleches!
- Eder Jo, mä ech gleewen nēt, datt de Pumuckl zu där Zort gehéiert.
- Schmit Hat ech et nēt gesot, Pudackel oder sou, heescht en.
- . M. Wéi heescht en?
- Eder Pumuckl. Hien behaupt wéinegstens datt en sou heescht.
- Dr. M. Dir mengt also, dir hätt en héieren an gesin.
- Eder Jo, - mä dat Dommt as, datt ech en gesin, mä di aaner Leit pëtzt en nemmen.
- Dr. M. Schéin, ganz schéin ... mä zënter wéini?
- Eder Zenter haut! Do wollt ech jo ee Steck Holz op d'Maus werfen..
an hops, - war en do. Et war keng Maus, mä et war de Pumuckl.
- Dr. M. Do hun mir jo den Kär vun der Saach! Scholdkomplexen wegen fahrlässeger Tötung vun enger Maus -- d'Maus gët lieweg, an kënnt zereck fir sech ze rächen --, ganz kloer --- Gutt, datt mir gläich am Ufanksstadium eppes dogéint kënnen ënnerhuelen.)
(De Schmit fiirt zesummen)
- Schmit An -- do huet eppes mech gepëtzt!
- Dr.M. Wann een vun enger Flou schwätzt, fänken di meescht Leit un ze kraatzen, obschon wäit a breed keng Flou as. Dat as esou!
- Eder Dat as guer nēt esou! Well de Pumuckl do ass, an deen pëtzt.
- Dr. M. Erlaabt dir, datt ech ären Bols fillen? (Den Dr. helt dem Eder seng Hand fir de Bols ze fillen, fänkt un haard ze zielen, an kuckt dobäi op seng Täschenauer).
Eent - zwee - dräi - véier - fennef -- (Hien zielt weider, den Eder an hien stin mam Reck zum Stull, op deem den Hutt leit. Den Hut bewegt sech, a gët vum Stull gezun, während den Dokter weider-zielt. Den Hut rutscht iwert de Buedem. De Schmit geseit den Hut, wéi en bei him laanscht rutscht.)
- Schmit Aeren Hut, Dokter!
(De Schmit beckt sech, fir den Hut opzehiewen, erwecht en awer nēt, well den Hut weggezun gët. Den Dokter zielt ongestéiert weider. De Schmit beckt sech erëm, greift virsiichteg nom Hut, op en nēt nach eng Kéier fortrutscht, stiirzt sech op den Hut, deen roueg leie bleiwt)

- Schmit Ech hun en, Dokter, -- mä komesch war et --
(De Schmit leet den Hut op den Desch.)
- Dr.M. (léisst dem Eder seng Hand lass). De Bols as normal.(leet d'Auer op den Desch) Wat war komesch?
- Schmit Aeren Hut! Deen as vum Stull gefall an sou iwert den Buedem gerutscht, datt ech en knapp erwescht hun.
- Dr M. A wat as dodrun sou komesch? Méi wéi eemol fällt en Hut vum Stull, an entwuscht. Sou en Hut as einfach ze erwéschen. Dës lescht as e Mann an der Stross sengem Hut nogelaaf, well d'Loft en ...
- Eder Tja, --- mä heibannen as keng Loft.
- Dr. M. Aha. do as schon ee Punkt, wou är Zwangsvirstellungen ausgin.
(greift sech un de Fous, ouni deem weider Bedeutung zouzemosse).
- Eder Dat mat deem Hut as dach keng Zwangsvirstellung vu mir, mä vu mengem Frënd.
- Dr. M. Mä dir gleewt un e Wiichtel, an ären Frënd nët, dat as den Ennerscheed.
(Den Hut fänkt erem un ze rutschen. De Schmit greift schnell dono, gët dem Dokter en.)
- Schmit Dokter, ären Hut!
- Dr.M. (helt en ongedelleg) Mä, wat hut dir dann nëmme mat mengem Hut?
- Schmit Dee rutscht emmer ...
- Dr.M. Loosst en rutschen, Här Schmit. Wat as schon dobäi? Also, Här Eder, éischtens wollt dir eng onschelleg Maus doudmaachen. Zweetens, ee Stouss Loft an e klengen Bassert um Been ----
- Schmit (jeitzt, sprengt an d'Lût, well de Pumuckl hien an d'Been gepëtzt huet)
- Eder As eppes, Gust?
- Schmit (probéiert en onschëllegt Gesicht ze maachen)
Neen, -- guer näischt, ech sin nëmme iwert eppes getrollt.
- Eder Ma secher iwert den Pumuckl.
- Dr.M Gesit dir, schon e klengen Hopsert geet dur, fir datt dir ufänkt, un onrealistesche Zesammenhäng ze gleewen.
(E Bried fällt mat vill Kaméidi em. Si fueren allen dräi zesummen.)
- Schmit Ech mengen, ... mir sollten léiwer heem goen, Dokter.
- Eder Pumuckl, elo häls du awer op, mengem Kolleg Gusti seng Nerven halen dat do nët aus.
(Elo flitt den Hut op de Buedem.)
- Schmit (jeitzt) Dokter, ären Hut!
- Dr.M. (nervös) Halt dach endlech mat deem Hut op! Losst en dach um Buedem leien, dann kann en nët méi erof, mä höchstens nach erop faalen.
- Schmit (leisst den Hut leien, kuckt en awer misstrauech)
Also, wann en dat elo nach eng Kéier mecht, -- dann gleewen ech och un Gespenster.

- Eder (laacht) Pumuckl, komm ... dro den Hut erēm op den Desch, dann gleewt de Gust un Gespenster, an den Dokter hält mech nēt méi fir verréckt. (Si stin allen dräi virum Hut. Den Hut bleiwt op der Plaz leien.)
- Dr. M. Sou een Blödsinn! Do stin dräi erwuessen Männer virun engem Hut an warden drop, datt en vumselwen hannecht op den Dësch flitt. (hiewt den Hut op)
- Eder Dir hätt en sollten leien lossen.
- Schmit Dat wär dach e Beweis gewiescht.
- Dr. M. (kuckt vun engem zum aneren) Awer dir Hären!
- Schmit (fiirt zesummen an greift sech un d'Been)
- Dr.M. Här Schmit, dir wärt dach net ufänken hysteresch ze gin. Ech mengen, ech kommen eng aner Kéier nom Här Eder kucken, wann dir nēt dobäi sit. Dir stiecht mech nach un. (greift sech nienewbäi un d'Been.)
- Schmit (perplex) Neen... soss sin ech ni sou, mä mech pëtzt wirkleech eppes ... an -- an dat mat ärem Hut ---
- Dr. M. Nēt erem den Hut! (Sicht seng Täschenauer, fënnt se awer nēt méi um Dësch, sicht an sengen Täschen) Wou hun ech dann meng Auer hingeluegt?
- Eder Dir hat se duer op den Dësch geluegt.
- Schmit Verschwonn! Also, ech wees nēt Fränz, -- ech fänken och gleich un, un dein Pumuckl ze gleewen.
- Eder (rosen) Pumuckl! Breng direkt di Auer erem heihin. Et dirf een dach nēt einfach eng Auer klauen. Meng Saachen kanns du jo huelen, mä nēt deenen friemen Leit hir. Zu gudder Lescht kommen ech nach an de Verdacht, Aueren ze stielan!
- Dr. M. Regt iech nēt op, Här Eder. Et fällt kengem Mensch an, iech ze verdächtigen. Nun maacht nēt nach eng Neurose dorausser. Villäicht hat ech d'Auer guer nēt op den Desch geluegt, mä op d'Huwelbänk.
- Schmit (sprengt dohin) Do as se och nēt!
- Dr. M. Da leit se sos éierewou! Mir wärten se schon fannen, et war jo soss keen hei, ausser eis dräi.
- Schmit (laacht onsecher) Mir an de Pumuckl.
- Dr. M. Ma, Här Schmit! (sicht dorëmmer, och den Eder.)
- Eder Pumuckl, w.e.gl. breng di Auer erēm!
- Dr.M. (hält voller Freed d'Auer an d'Lût, déi en bei den Huwelspéin fonnt huet.)
Hei as se jo! Gesitt dir, sou einfach war dat.
- Schmit Ech fannen dat guer net sou einfach, wann een eng Auer, déi virdrun um Desch luch, herno am Dreck eremfënnt.
- Dr. M. Et kënnt nach ganz gudd sin, datt dir d'Auer vum Dësch geheit hat, wéi dir op der Juegd no mengem Hut wart.
- Schmit Mä elo lauschttert awer emol!

- Dr. M. Nët absichtlich, Här Schmit, beileiwe nët, mä well dir onbewosst ärem Kolleg seng Partei ergraff hat -- iwregens ganz interessant, ganz interessant. (greift sech un d'Been.)
- Här Eder, dir erlaabt, datt ech nach eng Kéier erëmkommen, villäicht maache mir dann eng ausféierlech psychotherapeutesch Analyse --
- Eder Dokter, sitt mir nët béis, mä ech halen näischt vun psycho -- äh - Analysen. Den Pumuckl gët et, domat musst dir iech offannen. An elo entschëllegt mech, ech kréien Besuch an kuckt emol, wéi geseit et hei aus kommt léiwer eng aner Kéier erëm --- (get dem Schmit d'Hand)
- Schmit Ech kommen och nach eng Kéier laanscht --- schliesslech sin ech jo dei Frënd.
- Dr. M. Dëst as eng héich interessant Saach, Här Eder, an ech versëcheren iech, datt ech ären Fall am A behaalen.
- Eder Ech soen iech villmols merci, Dokter.
(Di zwee Hären gin fort, paaken sech allen zwee d'Been un; de Schmit entsaat, den Dokter ouni drop anzegoen.)
- Pumuckl (sprengt mat engem Saz op d'Bühn. Hien kann och vun uewen erofsprangen, wat vum Bühnenbau ofhänkt. Iwert dem Eremdansen, Kopplabunzsschloen, mecht en den Dokter no)
Wär dat keen schéint Spillchen?
Dir hut dach heit nët vläicht ee Villchen?(tickt sech op de Schlof an kuckt op den Eder)
De Bols geet -- een - zwee, dräi,
Do as glaad näischt dobäi.
Zwangsvirstellungen an Neurosen,
Pëtzvirstellungen wéi klorrosen.
Huster, Haster, neen hysterech
den Här Schmit deen wiirt sech.
- Eder (muss laachen) Pumuckl, du Kës et fauschtdeck hannert den Cueren, Mä dat mat der Auer, dat därfs de nët méi maachen. Wann d'Auer dann elo futti gewiescht wir?
- Pumuckl Nach ni as eng Auer vun Huwelspéin futti gaangen.
- Eder Mä, wann's du se einfach op de Buedem werfs.
- Pumuckl Ech werfen ni eppes einfach, ech kann et och dräifach --
- Eder Kanns du dann nët eng Minut emol eescht sin!
- Pumuckl Ech kann net eescht bleiwen, wann ech nach ni eescht war. Ech kann nët eescht schwätzen, wann ech nët eescht denken. Ech kann nët ...
- Eder Ech well dach nëmmen eppes kloer stellen, ir meng Schwëster kënnt, as dat dann sou schwéier ze verstoen?
- Pumuckl Neen! Awer weess du, wat ech gutt verstaanen hun? Dat mat dem Dokter senger Annalies. Wann ech mir virstellen, datt en Dokter eng Annalies mecht mat Krauselen, dann gët et mir schlecht.

- Eder Dat heescht nüt Annalies, mä Analyse, - dat heescht souvill wéi, nun, eng Zesummesetzung.
- Pumuckl Pu, eng zesummegeheten Analies oder Analyse, pu, ech wëll keen Anna, an ech wëll kee Lyse. Hu, an ech wëll kee Butz mat bloen hu, hu, -- an mat blonden Krauselen. Hu ...
- Eder Pumuckl, sou geet dat nüt!! Wann ech scho gesin, wéis du ^{et} mat deenen friemen Leit dreiw, op déi's du nüt jalous bas; dann gët et mir angscht!
- Pumuckl, w.e.g. sief e bësselchen léif, de Butzi as och léif -- an dann solls du och ---
- Pumuckl (hält sech d'Oueren uou a sengt)
Ech sangen,
a sprangen,
a plangen,
dohannen
eng deckeg Spann
ze fan...
- Eder A wann ech dech aspären, sou laang de Besuch do as?
- Pumuckl (leeft fort) Du kanns mech jo aspären, wann's du mech erwächs. Mä e Wiichtel erwächs een nüt, dat as Wiichtelges.....
- Eder (huet en erwöscht) Dei Wiichtelgesetz gelt nëmmen fir dech.
(hält e fest) Sou, an elo spären ech dech....
- Pumuckl (struwelt) Net aspären, ech sin ganz schlëmm wannen mech aspärt.
- Eder Dann spären ech dech an de Keller ...
- Pumuckl Dann werfen ech all Weinfläschen a Béierfläschen an... Limonadsfläschen ... an.. Houschtsirupfläschen em an dann ---
- Eder Hm, dat riskéieren ech léiwer nüt. Dann spären ech dech op de Späicher.
- Pumuckl Um Späicher maachen ech d'Këschten all op, an werfen alles, alles eraus, an, ei.. wat gët dat Freed, dann ---
- Eder Da spären ech dech, krenonzengpipp, - wouhinner dann? Ech weess et, an de Schaaf (dréit oder schleeft de Pumuckl, deen ferm struwelt, an de Schaaf; an spärt d'Diir zou)
- Pumuckl (knuppt rosen mat de Fäisch widdert de Schaaf)
Ech well eraus! Ech piepsen, an quietschen a blären, dass dei léiwe Besuch gläich erëm fortleeft.
(hie piepst a quietscht, am gläichen Moment kommen dem Eder seng Schwëster Anni an d'Butzi eran. Den Eder mecht schnell de Schaaf op, de Pumuckl sprengt eraus a verstoppt sech. D'Anni hat ganz verwonnert di leschten Piepstéin héieren. Den Eder steet nach beim Schaaf. De Butzi huet an der enger Hand e Käfig mat engem Hamster, an der aanerer Hand eng roud Poche. D'Anni huet e groussen Kuerw, eng Poche, an hiren Mantel iwert dem Arem.)

- Anni Bonjour, Fränz! Wat as dann hei lass?
- Eder Wat soll da lass sin, d'Schaafendiir quietscht. Bonjour dir zwee!
Oh, Butzi, weis dech, wat bas du gewues. A ween hues du dann do?
- Butzi Mein Hamster. Doheem as keen fir en ze fidderen, duerfir hun ech en léiwer matbruecht. De Papa vergésst en ëmmer, dee géif en erhingere loossen.
- Anni (laacht) Sou as et awer och erem nët. Du wolls en einfach matbrenge, nu bleiw emol bei der Wourecht.
- Eder Hm! Hoffentlech as de Käfeg och gudd fest zou. Gëf mir en, ech passen selwer drop op, datt deem Hamster nët och nach durch d'Wiirkstaat leeft. (hie klemmt de Käfeg sou ënnert den Arem, datt de Pumuckl nët un d'Käfegdiir erukënnt.)
- Butzi Mä, deen léisst sech einfach fänken, Monni Franz.
(D'Anni huet de Kuerw an d'Poche op de Buedem gestallt, de Butzi leet seng Poche dobäi)
Mm, - bei dir richt et gudd, därf ech e bësselchen dorëmmer kucken. - Wat bas du am gang ze schaffen?
- Eder Oh, näischt Extraes, komm mir gin léiwer erop an d'Stiffchen, ech spären d'Wiirkstaat fir häut zou. Komm Anni! (hien hält eng Poche, geet mat senger Schwëster bei d'Diir.) Komm Butzi! (Eng Stëpswollek geet iwert dem Butzi nidder.)
- Butzi Eh, wat as dann dat do?
- Anni Butzi, wat hues du dann elo schon erëm gemaacht, kuck emol wéi geséis du aus. Du kanns awer och nët oppassen!
- Butzi (Wëll bei seng Mamm, stolpert sou, datt et bal de laangen Wee dohinner fällt, jäitzt erféiert.)
- Anni Ma, kanns du dann nët oppassen.
- Eder D'Butzi kann jo nët dofir, komm Butzi, mir gin schnell hei eraus. Ech maachen eis Kaffi, an e gudden Kuch hun ech och.
- Butzi Au! Au! (sprengt an d'Lût)
- Anni Wat as? Hues du dir wéi gedoen?
- Butzi T'huet eppes mech gepetzt.
- Anni Lo hal awer op, Butz, ween soll dech dann pëtzen? Du bills dir dat an!
- Butzi Dach, - hei - do an d'Been - au! Elo nach eng Kéier!
- Eder (rosen zum Pumuckl) Hälls du elo emol op!
- Butzi (kräischerech) Ech war et nët!
- Eder T'as schon gudd, Butzi. (fiirt him mat der Hand iwert de Kapp)
Ech hat dech dach nët gemengt -- komm (helt d'Butzi mat der Hand, eng Kescht mat Neel fällt erof. Si fueren allen dräi zesammen.)
- Anni Wars du dat, Butz?
- Butzi Neen, ganz bestëmmt nët. Ech hat nëmmen...

- Anni Komm, hëllef opraafen.
- Eder (geréit bal an Panik) Neen, dat raafen mir elo nët op, mir gin direkt uewen op, hei as jo der Däiwel lass.
- Anni Elo iwerdräiw awer nët, Fränz duerfir as der Däiwel nach nët lass, och waneise Butz d'Këscht erofgeheit huet. (fänkt un d'Neel opzeraafen).
- Eder Sou hat ech dat jo nët gement... komm, loss d'Neel leien!
(Hëlt d'Poche, de Waasserbiitz fällt erof, rosen) Elo geet et duer!
- Anni Ma, de Butz ass dach elo nët dowidder kom.
- Eder Ech weess dat jo, datt et nët widdert de Biitz komm as, ech sin jo nemmen sou rosen, well...
- Anni Reeg dech dach nët sou op, Fränz!
- Eder Ech muss mech awer opregen, schliesslech ...
- Butzi Mama, wou as meng Poche? Meng Poche as nët méi do!
- Anni Ma, déi luch dach elo grad nach do.
- Butzi Si leit awer nët méi do.
- Eder (zum Pumuckl, jätzt) Wann's du elo nët direkt ophälls...
- Anni (opgeregt) Reeg dech dach nët op! Sou wichtig as déi Poche nët, mar fannen mir se bestëmmt erëm.
- Butzi (kräischt) Dach, meng Poche as ganz wichtig!
- Eder Ech regen mech jo guer nët weéinst ärer op, mä wéinst deem ..
(kuckt ennert den Desch)
- Anni Dann as et jo gudd! Komm Butz! (D'Anni hëlt de Butzi mat der Hand.)
- Eder Jo, gitt dir schon -- ech kommen gläich no-- ech muss nach schnell -- e Scheld un d'Diir hänken -- ech kommen direkt --
(D'Anni an de Butzi gin eraus)
- Butzi (vun baussen) Mama, as de Monni Fränz elo béis mat mir?
- Anni Sief dach elo emol endlech roueg!
- Eder (Den Eder eleng an der Wiirkstaat, hänkt e Scheld un d'Diir: Congé)
(rosen, jätzt) Pumuckl. Elo hun ech dees genug, hues du verstaan? Ech hun dees bis iwert d'Oueren. Wann dat esou weider geet, spären ech dech fir zwee Deeg an de Schaaf. Dann kanns du dranrosen, sou lang wéis du wëlls. Ech wëll elo a Rou Kaffi drenken! Verstaanen!
(Klaakt d'Diir zou. Vun uewen erof reent et Huwelspéin, dann héiert een de Pumuckl kickelen, hien turnt vun uewen erof, danzt ronderem, hiewt Handwiirksgeschiir op, dat um Buedem leit, werft et durch d'Lût, mecht dem Butzi seng kräischerech Stemm no.)
- Pumuckl Wou as dann meng Poche? Meng Poche as nët méi do! Firwat mussen d'Saachen ëmmer hei sin, an nët do? Wann e Pumuckl hei as, dann sin d'Saachen do an fort. An hopp, an fort! (bleiwt stoen) Verflixt, et huet blo Aen .. verflixt, et huet blond Krauselen... an verflixt, et as - neen, et as iwerhapt nët léif. (mecht d'Butzi no) Ech war et nët! Emmer blärt et An deem léiwen Monni Fränz geet dat iwerhapt nët op d'Nerven --

Pumuckl Mä ech gin him dauernd op d'Nerven, an dobäi brellen ech ni .. bal ni.
 An iwerhaupt soll de Butz nët dauernd hei op Besuch kommen, an schon
 guer nët mat engem Hamster, deen nët eleng diirf doheem bleiwen. Ech
 wëll och nët eleng sin. A ween kuckt no mir? Keen! - Well keen mech geseit
 Deen eenzegen, deen mech geseit, deen as nët méi frou mat mir, deen huet
 elo de Butz. Ech loossen se elo roueg Kaffi drenken, awer nēnnen fir
 nozedenken, wat ech alles kann stiichten, datt de Butz nët méi erēmkennt.
 (danzt ronderem)

Nēnnen ech sin hei doheem,
 Di aaner pëtzen ech an d'Been.
 De Butz verjon ech wéi eng Maus
 a kucken ganz onschelleg,
 aus den Huwelspéin eraus.
 Uhh, wat sin ech en dichtigen Dichter!
 T'as eent vu mengen schéinsten Gedichter.
 A ween mech an de Schaaf aspärt,
 geseit, datt de Pumuckl nët fährt.
 A sin ech aus dem Schaaf eraus,
 ass d'Geschicht nach guer nët aus.
 Uh, wéi dat sech reimt. A well alles wat sech reimt, wouer as, sin
 ech dee gréissten Wouerreimer vun der Welt.
 (Hien werft sech an d'Broscht, duerno gläich seng normal Haltung)
 Ah jo, ech wollt jo nët reimen, ech wollt nodenken.
 (setzt sech an d'Huwelspéin)
 An ganz fest nodenken, an grugeleg Saachen denken!
 (D'Lût geet aus - de Pumuckl setzt do, nach eleng belicht, an
 knoutert)
 grugeleg, -- nach méi grugeleg - déi grugelegste
 (riff)
 déi grugel - grugeleregst !
 (Däischer!)

Rido

2. A K T

Am Eder senger Stuff.

An der Kichen sin dräi Diiren, eng geet an d'Wiirkstaat, eng an d'Traapenhaus, eng an di aaner Zemmeren. D'Stuff as gemittlech ageriicht, m schéinen selwergeschreinerten Miwelen. Si sin färdeg mat Kaffeedrenken an sin amgaang ofzeraumen. Op engem Hocker steet den Käfeg mam Hamster, doniewt leit dem Butzi seng Poche.

Eder Ech mengen et géif Zäit fir dech. Du muss dach um fönnef Auer beim Zänndokter sin.

Anni Et geet nach gudd dur. (raamt weider)

Butzi De Piepsi huet haut nach kee Waasser kritt.

Anni Dann maach dat emol nach direkt.

Eder Ojemine, den Hamster! Et as schon bal e Wonner, datt deem nach näischt geschitt as.

Anni An wat soll him dann geschéien?

Butzi Dem Piepsi deet keen eppes, Monni Fränz.

Eder Dat weess ech, sou hat ech et och nët gemengt.

Butzi Mengs du, et kënnt dem Piepsi wirkleech eppes geschéien?

Eder Tja, mir mussen eben e bëssen oppassen.

Butzi Hien kann guer nët fortlaafen, well seng Diir as zou.

Eder Jo, wann se zou as!

Anni A ween soll dann d'Käfegsdiir opmaachen. Also Kanner, halt mir den Däimchen, datt den Zänndokter nët zevill buhren muss, dat as méi wichtig wéi ären Piepsi. (D'Anni as färdeg fir fort).

Butzi Mir halen dir d'Daimercher!

(D'Anni wëll zur Diir erausgoen, an deem Moment fällt si iwert eppes, dat hir tèschent d'Féiss leeft.)

Anni Hee, iwer wat sin ech dann elo gefall? (Hannert de Spiller hirem Reck, bewegt sech eppes, de Rideau, de Kuch -- soudatt et däitlech as, datt de Pumuckl erakomm as.)

Dat war droleg, -- grad wéi wann een mir tèschend d'Féiss gelaaf wir.

Eder (Paakt ganz schnell de Käfeg.) Elo as en dobannen. Et hat mech schon gewonnert, wéi roueg mir hei Kaffee gedronk hun.

Anni Ween as dobannen? War et eng Kaz, iwert déi ech gefall sin. Wou as se?

Eder Dat, -- dat weess ech och nët. (stellt de Käfeg héich op e Schaaf)

Butzi Färts du, d'Katz géif de Piepsi briessen?

Eder Du brauchst nët ze färten, dat mécht hien bestëmmt net.

Butzi Firwat sees du hien, as et e Kueder?

Eder Sou eppes Ahnlech, maach dir nëmme keng Gedanken.

- Butzi (fänkt un nom Kueder ze sichen) Wéi geseit en dann aus? As en schwarz oder weiss?
- Eder Hien as -- öh - tja, - en as roud. Du kanns ophalen mat Sichen.
- Anni Elo gët et awer héich Zäit. Gitt dir mat mir bis op de Bus? Soss klammen ech nach an deen falschen.
- Eder Jo -- gären --- nëmmen (kuckt dorëmmer - werft e Bleck op de Käfeg)
Et wärt schon goen!
- Anni Fränz, mir kënnen den Hanster roueg eleng loossen.
- Butzi A wann mir eremkommen, dann sichen mir de Kueder, gelu Monni Fränz.
(Di dräi gin fort. Den Eder huet sech epuermol emgedréihnt, fir nom Pumuckl ze kucken. De Pumuckl kënnt aus senger Stopp)
- Pumuckl Hihhi -- den Kueder fannt dir nët. Mä w.e.gl. Hoffer Butzi, dir kënnt en jo sichen. Dir braucht et nëmmen ze soen, ech kann och miauen (mecht eng Kaz no, an hopst hin an hir). Ech wir emol gären eng schlaue Kaz, a keng vun deenen 30 87 1100 dressegsiwenanachzechdausendhonnert domm Kazen, déi et op der Welt get. A wann de Butzi genug ënnert dem Schaaf gesicht huet, da kann et jo och op dem Schaaf sich--- (geseit den Käfeg)
Oh, a ween hu mir dann do? Dat as jo den allerwertesten Här Hamster; oder d'Madame Hamster; oder Kandhamster; Esou e léiwen Klengen an sou agespaart. (sprengt op den Desch fir e besser ze gesin.)
Du kanns jo nët hamstere, wanns du agespaart bas. Weess du wat? Ech loosse dech eraus, dann kanns du richtig hamstere goen (mecht, wéi wann en op de Schaf wellt klammen.)
A wat wëlls du dann hamstern? E wéineg Schokela oder e wéineg Béier, oder e wéineg ... (hien as uewen beim Käfeg)
oder e wéineg Zossiss, - oh wéi schéin schnuppers du mat derger Hamsternues. An du wees nët, ween hei bei dir as? -- Dat as de Pumuckl, deen mat dir schwätzt, A wat mecht de Pumuckl? Deen helt dech aus dem Käfeg. (mecht et, as frou).
Du gefälls mir! Gefaalen ech dir och? Jo, -- oder neen? Weesst du wat, mir gefaalen eis allen zwee (Klotert oder sprengt mam Hamster erof. de Käfeg steet sou, datt een di oppen Diir gutt geseit.)
Du kanns mat mir an de Spéin schlofen. Do as et gemitlech, du kanns mir et roueg gleewen. Komm mir gin schnell an d'Wiirkstaat.
(Et klappt, de Pumuckl fiirt zesammen, sprengt bei d'Diir, déi an d'Wiirkstaat geet. Den Här Schmit kënnt eran. De Pumuckl verschwënnt. de Schmit huet en Hut um Kapp. Hien huet e Stillchen ënnert dem Arem dem Stillchen feelt e Fouss; deen de Schmit an der Hand huet. De Schmit kënnt op den Zéiwespetzen eran.)

Schmit T'ass gudd, datt de Fränz de Moment nèt hei as. (Hien leet seng Saachen op den Desch. Hien kuckt ronderem.) Also, et gin zwou Méiglechteeten, entweder, dat mat dem Wiichtel as e faulen Trick, oder et geet nëmmen, wann de Fränz matspillt oder et as iirgend ee Geescht do -- dat soll et jo gin -- dat huet een schon an der Zäitung gelies. (hëlt den Hut vum Kapp, leet en op de Stull.)

Sou, elo probéieren mir dat Spillchen mam Hut. Also Här Wiichtel, eng prima Chance, en erofzwerfen, -- hm - et réiert sech näscht. -- A wann ech nèt kucken? (kuckt di aner Säit) Oder as et besser, wann ech den Hut op den Desch leen. (leet en op den Desch, dréihnt dem Desch absichtlech de Reck, dréihnt sech plötzlech em) Oder - wart emol, um Buedem geet et bestëmmt besser (geet fort, kuckt hannert sech. Den Hut as roueg leie bliwen.)

As en nèt e klengt Steckchen - hat ech en net e Stéck méi dohannen hin geluegt. Wart emol, ech muss mir en Zeechen op de Buedem maachen. -- (knéit sech op de Buedem bei den Hut, mam Reck zur Diir.) -- soss weess een jo ni, op e virugereckelt as oder nèt --

(An dësem Moment kommen den Eder an de Butzi eran.)

Butzi Wat mecht dee Mann do, Monni Fränz?

Eder Ja, Gust, wat mechst du dann do?

Schmit (fiirt an d'Lût.) Ech - ech, ech hun nëmmen eppes gekuckt.

Eder Aha! Kann ech dir de Butzi virstellen, Gust? - dat hei as de Butzi (zum Butz) an dat as den Här Schmit, e gudden Kolleg.

Butzi (hiewt dem Schmit sein Hut op)

Schmit Du häss e solle leie lossen.

Butzi Ech hat gemengt...

der Du has schon recht, Butzi, firwat soll en Hut och um Buedem leien? - gedu, Gust?

Schmit Also, wann ech éierlech sin, di Geschicht mat deem Pumu...

Eder (ennerbrecht schnell) As dat dei Stillchen?

Schmit Jo, ech hat geduecht, du kéinst en erem uleimen.

Eder Et geseit sou aus, wéi wann een de Fouss mat Force erofgerappt hätt. Mä, ech leimen dir en un, mä awer elo nèt eenzock.

Schmit Neen, dat presséiert net. (hien leet den Hut onopfälleg zereck op de Buedem, den Eder huet et nèt gemiirkt.)

Also, ech hun nach eng Kéier mam Dokter geschwat wéinst dengem Wiichtel.

Eder (weist op de Butz a wenkt dem Schmit, näscht ze soen)

Schmit (ganz lues) Huet d'Kand nach näscht gemiirkt?

Eder (réselt de Kapp)

Butzi (hiewt den Hut op) Aren Hut, Här Schmit.

Schmit (e wéineg ongedelleg) Looss den Hut dach leien wou en leit.

- Butzi Mä, wann een drop treppelt!
- Eder D'Kand huet recht. Sief mir net béis, Gust, ech mengen -- du häss besser eng aaner Kéier eremzekommen.
- Butzi (e Kreesch) D'Käfigsdiir as op!
- Eder Dat hat ech mir jo gläich geduecht!
- Butzi Kuck séier op den Piepsi nach dran as.
- Eder (hëlt den Käfig erof) Oje, de Käfig as eidel.
- Schmit Ween as dann elo den Piepsi? Nach ee Wiichtel?
- Eder Ma neen, en Hamster, du Heini!
- Butzi Monni Fränz, kuck emol op de Piepsi net uewen um Schaaf setzt.
- Eder (klemmt op de Stull) Neen, do as en nët.
- Butzi Mä, deen kann nach nët esou héich erofgespronge sin. Dann déit hien sech jo wéi! (sicht iwerall, ennert dem Schaaf asw.)
De Piepsi huet nach ni sein Käfig vum selwen opgemaacht: Piepsi!
Piepsi!
- Eder Do hu mir et jo!
- Schmit Ech hun en awer nët erausgeloss.
- Eder Dat weess ech jo! Butzi, reg dech nët op, dein Hamster fannen mir ganz bestëmmt erëm -- ech mengen, ech weess esouguer, wou en as.
- Schmit Du mengs, de Pumuckl huet en.
- Butzi Ween as dat, de Pumuckl?
- Eder (rosen zum Schmit) Donnerwierder, kanns du dann dei Mont nët halen, geséis du nët, wéi's du d'Kand erféiers.
- Butzi (dem Kräischen no) Ween as dann de Pumuckl? Geschitt dem Piepsi eppes?
- Eder De Pumuckl deet dem Piepsi bestëmmt näischt. Au contraire, deen brennt en erem -- ah jo, deen brengt en bestëmmt erëm, gelu Pumuckl?
- Schmit Du brauchts nët ze färten.
- Eder Wann's du esou domm schwätz, muss et, et jo mat der Angscht ze din kréien. An elo as et am beschten, du léiss eis eleng, datt di Saach erëm an d'Rei geet.
- Schmit Ech gi jo schon. (geet bei d'Diir) Oh, elo denken ech nach un eppes. (Helt eng Medikamentsfläsch aus der Täsch.) Dat hat den Dokter mir fir dech matgin, dat helleft, wann een eppes am Kapp huet -- ech wollt soen -- dat berouegt ---
- Eder Mir feelt näischt am Kapp ---
- Schmit Verstéi dach richtig - dat brengt de Geescht un d'Schaffen -- , daat kann näischt schueden (stellt sech irgendwou hin)
an elo -- salut --- (stolpert iwert dem Erausgoen, kann sech grad nach upaaken)
Wat war dat? -- War dat???

- Schmit (Sein Hut segelt vum Desch op de Buedem) Fränz! Fränz! Ech gi geckeg --
elo geet et erëm lass mam Hut.
- Butzi (hiewt den Hut op, well dem Schmit en gin)
- Schmit (brellt) Looss en dach leien!
- Butzi (léisst en vu Schreck falen.) Ech wollt jo nëmmen -----
- Eder (hëlt den Hut, dreckt en esou fest op dem Schmit sei Kapp, datt e bal
ganz dorënner verschwënnt)
- Elo geet et dees duer, mat dengem Hut. Et deet mir leed, Gust, mä
wann's du e Mettel brauchst, fir de Geescht un d'Schaffen ze brengen,
dann gin ech dir gären mat vun mengem Medikament.
(De Schmit setzt sein Hut richtig a geet rosen fort.)
- Butzi, du muss entschëllegen!
- Butzi Den Här Schmit as awer ee komeschen. Ech hun iwerhaapt näischt verstaanen.
Ween as dee Pumuckl oder wéi heescht en?
- Eder Pumuckl heescht en -- komm mir schwätzen léiwer vun eppes aanerem.
Lo gi mir an d'Wiirkstaat, villäicht huet en de Piepsi?
- Butzi Ween, de Pumuckl?
- Eder Reg dech nët op, daat geet alles erem an d'Rei. Also .. ech sin gläich
erëm do!
- Butzi Ech gi mat! Ech well wessen ween mei Piepsi huet. An ech huelen dem
Pumuckl en weg, egal op hien en Hond, oder eng Kaz oder e Kand as.
- Eder Et as awer keen Hond a keng Kaz a kee Kand.
- Butzi A wat dann?
- Eder Naja, de Pumuckl, dat as -- also weess du -- ech kennen hien och nach
net laang -- dat as eng komesch Geschicht ---
- Butzi Monni Fränz, du wells dach elo nët soen, dass du nët weess, ob et e
Mensch oder en Déier as.
- Eder Et as bestëmmt keen Déier.
- Butzi Dann as et e Mensch.
- Eder Dat as jo de Misär; et as och kee Mensch.
- Butzi As et ee Gespenst? D'Mama seet, et get keng Gespenster.
- Eder Do huet si och recht. Et as och kee Gespenst, hien as iwerhaapt näischt
Onheemleches, am contraire, hien as dermossen leschteg --
- Butzi Da so et dach!
- Eder Ech hun net gär, wann een iwer mech laacht. A wann ech mir denger Mamm
hirt Gesiicht virstellen, wann si et héiert...
- Butzi Et as dach egal, wat fir ee Gesiicht d'Mama mecht. Ech laachen dech
bestëmmt nët aus. Eierewuert!
- Eder Tjo -- mä ---
- Butzi Da so et dach!

- Eder Gudd, da soen ech et: De Pumuckl --- as ee Wiichtel.
- Butzi Ee - wat ?
- Eder Ee Wiichtel! Hues du nach ni eppes vun engem Wiichtel héieren -- ee léiwen, klengen Männchen.
- Butzi Kloer, déi get et an de Märercher. Dat as esou eppes wéi d'Heinzelmänncher.
- Eder Em Gotteswellen, so dat nët, dann as en terribel beleidegt. Et kann nämlech sin, datt en irgendwou setzt an nolauschtert, ouni datt een en geseit.
- Butzi Monni Fränz, dat as eng schéin Geschicht -- ech hun d'Märercher schrecklech gär -- mä --
- Eder Mä - du gleews net drun, t'as jo dat, wat's du wells soen. An wann ech dir mein Eierewuert gin?
- Butzi Dein Eierewuert?
- Eder Mei Kolleg, de Schmit war och kom, fir de Pumuckl ze gesin, mä de Pumuckl kann een nët gesin.
- Butzi Wéi weess du dann, datt hien bei dir wunnt?
- Eder Well ech en gesin, mä nemmen, wann ech mat em eleng sin.
- Butzi A wéi geseit en aus?
- Eder Hien huet e leschtegt, näischnotzegt Gesicht, an Hoer wéi e Struwelpéiter.
- Butzi Oh, deen géif och och gären gesin. Wat muss een da maachen, fir e kënnen ze gesin?
- Eder Tja, do get et e Wiichtelgesetz. Wann ee Wiichtel un eppes pechen bleiwt, dann kann deen e gesin, deem de Pech gehéiert. Bei mir as hien um Leimdeppen hänkebliwen.
- Butzi Dat as awer einfach -- dann ges du mir dein Leimdeppen, dann bleiwt en drupechen, an ech gesin en och.
- Eder Nee, Butzi, duerfir as hien vill ze schlau. Bei mir war hien och nët vumselwen drun hänken bliwen.
- Butzi Firwat as hien dann beleidegt, wann ech soen, datt e Wiichtel en Heinzelmännchen as.
- Eder Mä well d'Heinzelmänncherer fleisseg a brav sin, weess du, an duerfir huet hien se nët gär.
- Butzi (begeeschtert) Dat as super.
- Eder Naja, Butzi, ech hätt léiwer, hien hätt eppes vun engem Heinzelmännchen. (D'Vase um Desch rutscht no viir. Den Eder kann se just nach opfänken) Léisst du d'Vase stoen, Pumuckl!
- Butzi Dat wars du dach, Monni Fränz!
- Eder Keng Spur! Ech sin iwerhaapt nët un d'Vase kom. Dat war de Pumuckl. De Pumuckl hat och deng Foche verstoppt an d'Brieder emgeheit, an d'Neel erefgeworf.

- Butzi An du mengs, datt hien de Piepsi..
- Eder erausgeholl huet, an hien éierewouhin gedroen huet fir mat him ze spillen.
- Butzi Hues du dir dat nët alles erduecht?
- Eder Nee, ganz bestëmmt nët. Ech kennen deen Näischnotz. Au!!
- Butzi Wat as geschitt?
- Eder Gepëtzt huet e mech. Wahrscheinlech, well och Näischnotz gesot hun.
- Butzi Pumucknäischnotz, --- pëtz mech och!
- Eder Do kanns du awer laang warden. Op Kommando mecht den Pumuckl guer näischt, -- et as iwerhaapt nët deck mat sengem Follegen.
- Butzi Dat fannen ech flott!
- Eder Wat! "Net follegen", dat fënns du och nach flott!
- Butzi Oh weess du, emmer follegen, as schéi langweileg. Ech follegen och nët ëmmer. So emol, Monni Fränz -- wat esst ee Wiichtel?
- Eder Am léiwsten esst hien Schokela, Kamellen, jee lauter séisst Gemesch. Mä d'Saucisse a Béier huet hien och gär.
- Butzi A menger Poche hun ech e ganze Koup Kamellen. Ech gin him Kamellen. (hëlt seng Poche)
- Eder Eigentlech huet dee Krappert fir seng Frechheet näischt verdingt.
- Butzi Wann hien awer muss frech sin. Well hien e Wiichtel as, a keen ^{en} zee männchen. Hien kann jo nët duerfir.
- Eder Et muss guer keen frech sin.
- Butzi Mä hien därf. Ech soen him, datt hien därf.
- Eder Mä nu so awer emol!!!
- Butzi Hien därf iwerhaapt alles. An elo krëtt hien vu mir Kamellen. (De Butz leet iwerall Kamellen). An wann's du Loscht hues, Pumuckl, dann pëtz emol, awer nët ze fest, nëmmen fir ze probéieren. Dat heescht dann, dass du d'Kamellen gär hues. (wart e bëssen - as enttäuscht)
- Eder Du muss him och Zäit lossen. Villäicht as en genéiert, well hien an der Wirkstaatesou wéischt war, an wëlls du elo esou léif mat him bas.
- Butzi Pumuckl du brauchs dech nët ze genéieren. So, Monni Fränz, wou schléift en eigentlech?
- Eder Ennen an der Wiirkstaat, an den Huwelspéin.
- Butzi Huet hien dann keen Bett?
- Eder Neen, hien huet gesot, et géif duergoen mat den Huwelspéin.
- Butzi Mä, déi kriwelen hien dach beim Schlofen. Hien muss wéinegstens e Kappimmel kréien. Komm, mir léenn him e Pimmel an d'Huwelspéin, du, dann fannen mir villäicht de Piepsi -- Pumuckl du darfs och mam Piepsi spillen, - ech géif iewer gären wëssen, of en ennen an der Wiirkstaat as.
- Eder Also, ech muss scho soen, du bass allerhand léiw mat deem freche Wiichtel.



Butzi Dei freche Wiichtel as fir mech eben e léiwen Wiichtel. (zitt hien eraus)
Wart, ech huelen mir nach e puer Kamellen mat, dann leen ech him nach
eng niewend sei Bett, villäicht hätt en gä^reng eng virum Schlofengoen --
oder mengs du, et wiir schlecht fir seng Zänn?

Eder (iwert dem Erausgoen.) Oh, weess du, iwert seng Zänn, hun ech mir nach
iwerhaapt nèt de Kapp zerbrach!

(De Pumuckl erschingt. Hien huet de Piepsi am Arem a fletscht komesch mat
den Zänn.)

Pumuckl Mengen Zänn doen d'Kamellen iwerhaapt näischt, an schlecht duerfir sin se
op guer kee Fall. Wiichtel kréien keng Zännwéi, well een se mat hiren
Zänn jo guer nèt ka gesin. Ah jo, sou as dat. (Helt eng Kamell, lutscht
drun) Dein frechen Wiichtel as fir mech eben e léiwen Wiichtel. Sin jo
och e léiwen Wiichtel, oh jo, sou as dat, -- nëmme dat geseit een nèt
ëmmer, an ëmmer! Mä de Butz huet et gemiirkt, --- et as guer nèt esou
domm dee Butz. Et as zwar emmer nach blond, mä net méi grad esou domm,
fannen ech. Wéi gudd, datt een nèt un de Kamellen pechen bleiwt, wéi um
Leim. Da géif ech jo stänneg pechen bleiwen, a stänneg kéint een mech
gesin ... mä esou... (lutscht) kann de Butz mech awer nèt gesin.
Wollt et jo nèt iwerall Leim schmieren, datt hat mech kënnt gesin --
mä esou domm as jo net emol en Heinzelmännchen, datt deen him op de Leim
geet. Trotzdeem, mat deem Butz, do heescht et oppassen.
Dein frechen Wiichtel as fir mech ee léiwen -- ee ganzen léiwen, w.e.g.
Léifsin, kann ee leider bei den Wiichtel net gesin. Komesch, datt een
d'Frechsinn esou gudd geseit, an d'Léifsin nèt. Wann ech de Piepsi nèt
aus dem Käfeg geholl hätt, dat wär ganz léiw gewiescht --
(Hien sëtzt de Piepsi an de Käfeg). Mä, ween hätt dat gesin? - Keen!
A wann ech d'Vase erofwerfen -- da geseit jidfereen, datt ech béis sin.
(gët der Vase e Stouss, datt se soll vum Desch falen, fänkt se awer
kurz virum Buedem op) A Wat geseit een elo? (stellt se op den Desch)
Näischt! (geet ronderem d'Vase.) Si geseit guer nèt méi léiw aus wéi
virun. An ech? Wéi gesin ech aus? (hëlt ee Raséierspiegel vum Krop
a kuckt sech dran.) Ech gesin och nèt méi léiw aus wéi virun.
(nodenklech) Wann de Butz mech kënnt gesin, géif et mir dann och nach
eng Kamell schenken. An e Pimmel fir mein schéinen Kapp an den Huwelspéin?
Also e Pimmel fir e Wiichtel dat as wéi e Schaumbad fir en Nilpärdd oder --
uh -- do këant een ---
(setzt sech schnell ënnert den Desch. Den Eder kënnt eran, hien huet
d'Leimdeppen aus dem 1. Akt., an der Hand. De Pumuckl weist sech nèt)

- Eder (riff) Hal dach mat deem Sichen op. Butzi - de Piepsi kënnt bestëmmt erëm zum Virsch... (geseit den Käfeg mam Piepsi)
De Piepsi setzt erëm am Käfeg!
- Pumuckl (sprengt ënnert dem Desch eraus) Dat hat ech jo ganz vergiess.
De Piepsi ass erëm an sengem Käfeg ---
- Eder Pumuckl dat as awer léif vun dir, dass du en vumselwen erëm hannescht gedro hues.
- Pumuckl (rosen) Neen, dat as nët léif --- (dan léif), dach, dat as ganz léif.
(perplex) Et kann ee gesin, wann ech léif sin. Et kann een esouguer gesin, datt ech léif sin, wann ech guer nët wollt léif sin. - Komesch!
(De Butzi kennt eran, de Pumuckl verschwënnt).
- Butzi Yuppi !! De Piepsi as erëm do. Weess du, wat ech mengen, Monni Fränz, de Pumuckl war esou frou mat den Kamellen, datt en de Piepsi erëmbrecht huet.
- Eder An elo strecken ech d'Käfegsdiir mat engem decken Seel zou, an engem gudden feste Knued.
- Butzi Ma neen, de Pumuckl därf roueg mat mengem Piepsi spillen. Du bass einfach vill ze streng mat him.
- Eder Elo loossen ech mir nach vun dir soen, wéi een e Wiichtel erzitt. Mä, ween weess, villäicht kënnen d'Kanner besser mat esou klengen Daiwelen emgoen, wéi ech, alen Mann. (hëlt dem Schmit sein Stillchen.) Sou, an elo leimen ech nach schnell den Stillchen!
- Butzi Villäicht bleiwt den Pumuckl nach eng Kéier um Dëppen pechen, an dann kann ech en och gesin.
- Eder Mei léiwt Kand, nemmen deen kann en gesin, deem de Leim gehéiert.
- Butzi Weest du wat? Du sees elo einfach: Butzi, ech schenken dir de Leim.
An dann soen ech merci, an dann --- (begeeschtert), gedu, dat maachen mir, gedu, Monni Fränz!
- Eder Dat notzt jo alles näischt. De Pumuckl as jo nëmmen vu Schreck pechen bliwen, well ech d'Steck Holz geheit hat. Eng zweete Kéier passéiert him dat bestëmmt nët.
- Butzi Villäicht well de Pumuckl dat ech hien ka gesin. An dann hun ech keen Leim!
- Eder (laacht) Dajee, vun mir aus! Ech schenken dir de Leim.

(D'Anni kent vum Zännokter, et huet e Schaal em de Bak gebonnen)
- Anni Dat hun ech hannert mir - den Zannt as eraus.
- Eder Deet et nach wéi?
- Anni Ech hat eng Fiqure krütt. Ech muss awer de Bak warem halen.
- Butzi Mama, stell dir vir, de Monni Fränz huet mir de Leim geschenkt - villäicht kann ech sein Pumuckl och gesin.
- Anni Wee kanss du gesin?

- Butzi De Pumuckl! Hien huet mir den Piepsi erëmbrecht, an hien huet d'Kamellen gär, an iwerhaapt...
- Anni Ech verstin iwerhaapt näischt - also weenas ...
- Eder Keen as! Et as just eng Geschicht tëschend dem Butzi a mir.
- Anni Dat schengf mir awer eng komesch Geschicht ze sin.
- Butzi Ma neen, Monni Fränz, du has mir dein Eierewuert gin, -- so nët, datt et nemmen eng Geschicht as.
- Eder Wess du, et as besser, wann mir soen, dass et eng Geschicht as, versteess du, -- an iwerhaapt, elo as et Zäit fir d'Nuechtiessen.
- Anni Ech wess wirklech nët méi, wat lass as. Kënnt dat vun der Pigure oder verzielt dir Märrercher.
(D'Vase fällt erof)
- Eder Kee Märchen! Leider!
- Butzi Dat war de Pumuckl!
- Anni Neen, dat war ech, ech sin dowidder kom. Entschelleg Fränz, ech gin dir eng näi Vase, ech hun der nach genug doheem.
- Butzi (frou) Du wärs gesin, déi werft de Pumuckl all erof. Gell Pumuckl.
(reeft d'Schiebelen op)
- Anni Fränz, wat zielst du dem Kand fir Geschichten? Et as grad an deem Alter wou d'Phantasie mat him durchgeet. Also weess du --
- Eder Et as nët derwert fir sech opzeregen. Wéi geet dat elo weider mat dengem Zant? Muss du nach bei den Zänndokter hannescht goen?
- Anni Neen, mir fueren mar heem. Da bas du eiser lass.
- Eder Dir kënnt roueg nach bleiwen, et as dach Plaz genug. Mir müssen just dem Butzi nach e Bett an der Stiffchen maachen. Komm, mir maachen dat léiwer direkt. Ech gin dir d'Lellecher --
- Anni Mir fueren trotzdeem mar de mueren. (si gin allen zwee eraus)
- Butzi Pumuckl, et et dech wirklech, oder huet de Monni Fränz mir Geschichten erzieht? Kanns du emol piepsen oder grommelen (waart) Du kanns och sangen, wanns du dat léiwer mechs (traureg). Schued, wann de Monni Fränz sech dat alles erduecht huet. Gleew mir, ech sin frou mat Wiichtel. An ech kann di ganz Brav iwerhaapt net leiden. W.e.gl. Pumuckl, so dach eppes, datt ech -- (ee frouen Kreesch). D'Kamell as net méi do!
(sicht) Ech weess bestëmmt, datt ech heihin eng Kamell geluegt hat!
Pumuckl, huet se dir geschmaacht? Ech hun der och nach dräi bei dei Bett geluegt. So, ech hun eng Iddi, An der Nuecht, wann se alleguer schlofen, kommen ech bei dech an d'Wiirkstaat! An weess du, wat ech matbrennen?
D'Leimdëppen. De Monni Fränz huet mir de Leim geschenkt. An dann kanns du drun pechen.bleiwen... an dann kann ech dech gesin... An dann ...
(helt d'Dëppen an danz domat ronderem). Dann spillen mir d'ganz Nuecht,

Butzi Vun Schlofen keng Spuer. Et gët di ganz Nuecht gelaacht, bis mueres fréi um aacht. Pumuckl w.e.g. sief dach nëmmen nët ee Märchen!
(Hat ermärbelt d'Leimdëppen an leeft domat an d'Wiirkstaat.)

Pumuckl (erschingt) Wat mecht een do, wann een e Wiichtel as a kee Märchen? Do kann ech nëmmen eent soen: Gudd Nuecht! A wat sees du dozou, Piepsi? (hëlt en aus dem Käfeg) Wahrscheinlech seest du datselwescht wéi ech: Komm, mir verzéien eis an d'Huwelspéin. (danzt mam Piepsi, wéi virdun de Butzi). Dann schlofen mir d'ganz Nuecht, vun Spillen keng Spuer.

Et gët di ganz Nuecht geschnaarcht,
bis mueres fréi um aacht (schnaarcht komesch) d'Bühn gët lues däischer)
An heiandsdo, dann laachen ech haart,
ech laachen mir heemlech an de Baart.
Mech wëllen, un d'Dëppen unzeleimen,
Ojeminee, wéi kann ech reimen!

(Hien sprengt op den Desch, stellt sech an eng komesch, groussarteg
Positur, hält den Hamster an der Hand wéi e Fokal)

Ech sin kee Märchen, mä deen gréissten Wiichteluewenenner-
driwerdennerdichter, deen et gët.

Rido

3. AK T

An der Wiirkstaat. Et as däischter, zur Fënster schengt d'Moundlicht esou eran, datt d'Bühn hell genug as. Den Hamster schwiewt iwert d'Bühn, de Pumuckl kickelt. D'Diir geet op. Den Hamster verschwënnt. De Butzi kënnt am Nuetshiem an an de Schlappen eran, et huet d'Leimdëppen mat dem groussen Pinsel an der Hand.

Butzi

(riffit mat Flüstertoun) Pumuckl! Pumuckl! Schléifs du schon? Ech sin et, de Butz. Wou bas de? So eppes, datt ech weess, wou's du bas.

(Hat geet virsichtig, hiwt d'Been sou héich, wéi wann et iwert eppes Onsichtbares géif klammen.) Ech färte bal fir ze goen, well ech färten ech géif dir op d'Zéiwen treppelen. (Stellt d'Dëppen op de Buedem.) Kuck, wat et matbruecht hun. De Leim! Pumuckl, so dach eppes. Ech erféieren och nēt. Dat heescht - villäicht erféieren ech awer -- mä, dann sin ech esou frou, datt ech dat gläich erem vergiessen -- Pumuckl! Ech géif bestëmmt manner erféieren, wanns du géifs, wéi d'Mënschen mat mir schwätzen -- weesst du, esou bas du fir mech wéi e klengt Gespenst, an mat Gespenster kann ech nēt esou frou sin; mä Wiichtel hun ech schrecklech gär; du kanns mir et gleewen.

(Zitt de Pinsel aus dem Dëppen) Elo maachen ech mam Pinsel Leim op de Buedem, dann brauchts du nëmnen driwerzegen an paapen ze bleiwen, an da kann ech dech gesin. (Mecht mam Pinsel Leim op de Buedem, an zwar an der Mëtt vun der Bühn, vu viir bis hannen. Dann sëtzt et sech op den Hocker.) Sou, Pumuckl, elo kann et lassgoen. Elo sin ech awer gespaant. De Monni Fränz huet gesot, du häss e rouden Wuggelkapp, du brauchts dech duerfir nēt ze genéieren -- ech fannen roud Wuggelhoer schrecklech schéin. Wiirklech!! (waart) Du därfs nēt esou laang waarden, soss gët de Leim drechen, an dann pappt en nēt méi richtig. (Hat trëppelt mat engem Fouss op d'Steif Leim, seng Schlapp blewet pechen. Hat rappt se lass.) Et paapt prima! Ech maachen léiwer nach méi Leim op de Buedem! (Mecht parallel zum éischten Streck all Meter mam Pinsel Leim op de Buedem. Sëtzt sech dann op den Hocker a wart. Hannert sengem Reck, un der Mauer wackelt eppes, wéi wann de Pumuckl op d'Brieder gesprong wär.) Wanns du de Fëpsi hues, huelen ech dir en nēt weg. Du därfs mat him spillen. Awer nëmnen, wanns du him nēt wéi dees. Pumuckl! Pumuckl!

(Hat geet virsichtig bei d'Fënster)

Villäicht as de Pumuckl guer nēt an der Wiirkstaat, villäicht geet heen am Mound spazéieren. Jo, esou as et, Wiichtel an Feen gin emmer am Mound spazéieren. Wat soll ech dann maachen. (ziddert) Hei as et kaal!

Dann sëtzen ech mech eben op de Pimmel an den Huwelspéin - Pumuckl, pass op, ech sëtzen mech an dei Bett, -- wanns du do bas. (Et wullt e wéineg an den Spéin, sëtzt sech dann.) Neen, du bas nēt do. Awer wart emol!

(Nëcht nach Leim ronderem d'Spéin. Sëtzt sech dann an d'Mett op d'Kessen.)

Butzi Irgendengkéier muss en an sei Bett, wann irgendengkéier de Mound
 ënnergeet, an wann en irgendengkéier midd ass. (gaapst) An dann muss
 en op de Leim trëppelen, well en soss nët an sei Bett kënt. (gaapst)
 Awer dann leien ech am Bett, an dann steet de Pumuckl virun mir.
 (gaapst) Ech därf nëmmen nët aschlofen - soss -- (schléift)

(De Pumuckl kënt hannert den Brieder eraus. Hien huet de Piepsi bei sech
 a sprengt iwert d'Leimstrecher, wéi wann et en olympeschen Hürdenlauf
 wär.)

Pumuckl Also, allerléiwsten Joffer Butzi, sou geet dat wiirklech nët. Du solls me
 einfach kënnen gesin, sou mir näischt, dir näischt, einfach sou zum
 Spaass. Dat as vill ze vill ustrengend. Ajo, sou as dat! An iwerhaapt muss
 ech bei deem bleiwen, deen mech kann gesin. Wou bleiwen ech dann iwer-
 haapt? Ech kann dach nët ëmmer hin an hier laafen, oder?
 (setzt de Piepsi an en Tirang, deen mecht en fest zou.) Ech setzen dech
 nët zur Strof an den Tirang, mä zu denger Secherheet, mei léiwen Piepsi.
 Verstees du dat? Sief ganz brav dohannen an beiss kee Lach an den Tirang.
 Ech huelen dech herno erëm raus. (geet viirsichtig, datt en nët pechen
 bleiwt, bei d'Huwelspéin, bliwt baussent dem Leim.) Schléift zimlech
 fest, schengt et mir. Mä et schnarcht jo emol nët. Schued! Wann een nët
 schnarcht, vergesst een, wat een dreemt. Ts, dann vergess du eben, dass
 du elo grad vun mir dreems. Vun mir an mengen schéinen, rouden Wuggel-
 hoer. (paakt sech un den Hoer.) Hat fënnt se schéin. (probéiert iwert
 de Leim weg um Butz seng Hoer ze kommen. Hien balancéiert op dengem Been)
 Eigentlech fannen ech blond Hoer och ganz schéin, well ech dann un
 Metschen denken muss. Mä Metschen sin och ganz schéin, as dat wouer oder
 nët? (heemelt iwert eng Krausel, verléiert bal d'Gleichgewicht.) H-h-halt.
 sou schéin sin Metschenhoer och nët, dass ech well drun paapen bleiwen.
 (De Butz otemt déif an haard, seufzt (De Pumuckl wëll schnell fortspringen,
 bleiwt awer pechen. Hien jäitzt eng kéier vu Schreck, an rappt fir lass
 ze kommen. De Butz fänkt un sech ze bewegen an ze erwächen. A leschter
 Sekonn kennt de Pumuckl lass a verschwënnt.)

Butzi (hallef am Schlof) De Monni Fränz huet mir sein Eierewurt gin, sei
 grousst Eierewuert. Pumuckl ech hätt sou gär mat dir gespillt. Du häss
 jo kënnen mei klengen Brudder sin, ee ganzen léiwen, -- mä villäicht
 hat de Monni Fränz nemmen geflunkert --- do^{mt} Geschwätz vun deenen
 Groussen -- (entschléift) Ganz, ganz domm -- (jéimert am Schlof)
 Pumuckl! --

Pumuckl Ëmstand, kreischt et nach, statt ze schnaarchen. An virwat? Hm - sou
 léif sin ech och erëm nët, datt een wéinst menger gleich kräischen muss;
 an esou e léiwen Brudder wär ech och nët.--

Butzi (schluchzt nach eng Kéier)

Pumuckl Oh, Wiichtel stitt mir bäi.-- dohannen, do wou d'Härz as (weist op de Bauch) kréien ech elo beemol e ganz komescht Gefill - een Härzklappen-Glecktraureggefill.

Oh, Butzi, ech gin dir direkt de Piepsi erëm, dann hues du deen wéinegstens erëm, ech setzen en gläich an sei Käfeg. - Jo, an ech wärt dech ganz bestëmmt nët méi erausekelen, ganz bestemmt ni méi, neen, eranekelen well ech dech, wells du -- also weess de, esou iwel bas du guer net. An fir richtig, géif ech ganz gär mat dir spillen, well ech nët een eenzegen Frënd hun -- (sprengt iwert d'Leimstreifen, bleiwt stoen.) Villäicht soll ech awer e wéineg paapen bleiwen, nëmmen nach fir dech? (versicht virsichtig op eng Streif ze treppelen, bleiwt awer nët paapen, well de Leim schon drechen as. Ebeemol couragéiert, sprengt de Pumuckl vu Streif zu Streif) Deen dommen Paap as drechen. Ech kann nët pechen bleiwen. Schued, schrecklech schued. (geseit d'Leimdeppen, geet ronderem). Em, - ech könnt och um Leimdeppen paapen bleiwen, schliesslech krut de Butz de Paap geschenkt, an dann -- (geet emmer méi no bei d'Dëppen) dann -- Mä halt! Haaaalt! De Butz krut de Leim geschenkt, mä net d'Dëppen. Wann ech elo um Leimdeppen paapen bleiwen, pechen ech dann méi um Dëppen wéi um Leim? Oder hallef-hallef? Dann geseit mech de Meeschter Eder hallef an de Butz hallef, eemol as et d'Leimdëppen an dann as et den Dëppenleim. -- Soll ech, oder soll ech nët? Piepsi, w.e.g. hellef mir dach emol rüdenken. Wéi? Déi Kapp as ze kleng! Da setzen ech dech t'éischt emol an dei Käfeg an d'Kichen, an dann -- an dann (grouss Iddi)

An der Kichen steet dach nach eppes --- eng Medezin! (mecht de Schmit no) Dat brengt de Geescht un d'Schaffen, dat kann näischt schueden, huet den Här Schmit gesot. Mei Geescht muss onbedingt un d'Schaffen kommen, ah jo, sou as dat. Komm, Piepsi, du kriss och mat (sprengt eraus)

(Den Eder kënnt eran, kurz hannert him dem Butz seng Mamm. Den Eder mecht d'Lût un.)

Eder Tatsächlech! Do sëtzt et am Nuetshiem. An d'Leimdëppen huet et bei sech.

Anni Em Gotteswëllen! D'Kand erkaalt sech jo! Butz!

Butz (erwächt) -- Ja ---

Anni Wéi geseit de Buedem aus?

Butz Monni Fränz, du has mir dein Eierewuert gin, datt de Pumuckl paapen bleiwt.

Eder (fir sech) Ojamine! Elo get mir alles kloer.

Butz Du has mir de Leim dach geschenkt, oder?

Eder Jo, Butzi, mä ---

- Butz Et get iwerhaupt kee Pumuckl, Monni Fränz.
- Eder Ma secher gët et deen.
- Anni Also Fränz, ziel dem Kand dach keen esoue Blödsinn, et get keng Gespenster déi Vasen ëmwerfen, asw.
- Butz De Pumuckl as dach kee Gespenst, mä e Wiichtel!
- Anni Ganz egal, wat en as -- dat sin dach Märercher. Mei Gott, dat Kand as jo eiskaal. Also Fränz, wiirklech ---!
- Butz Monni Fränz, wann een mat sengem groussen Eierewuert net d'Wourecht seet, kann een em ni méi gleewen. Ech hat esou vill Leim op de Buedem gemaach, datt en ganz bestëmmt hatt missten paapen bleiwen.
- Eder Ma de Pumuckl huet dach Aen am Kapp. Deen as dir eben nët op de Leim gaangen. Duerfir muss ech dach nët geschwindelt hun.
- Butz An de Piepsi hun ech och nët fonnt. Ech well wéinegstens de Piepsi eremkréien. Hien as bestëmmt dem Pumuckl fortgelaaf.
- Anni Reeg dech nët op, Kand, den Piepsi fannen mir schon erëm.
- Eder Villäicht huet de Pumuckl en erëm ---
- Anni Ma, Fränz!
- Eder (genéiert) Ech hun jo nëmnen gemengt. Et kënnt jo sin, datt de Piepsi erëm a sengem Käfeg as. Als Beweis, datt ech nët gelun hun, mat mengem groussen Eierewuert, gedu, Pumuckl? Ech stin nët gären als Ligner do -- verstees de?
- Butz (rennt eraus) Ech gin kucken, Monni Fränz!
- Anni Du bas onméiglech, Fränz. Vun där Seit kennen ech dech jo nët. Hues du hannen um Enn de Piepsi selwer an sei Käfeg gesat?
- Butz (vu wäitem ee Kreesch) Monni Fränz, de Piepsi as am Käfeg! Et gët de Pumuckl awer!
- Eder (frou) Ech hat et jo gesot!
- Anni (reselt de Kapp) Gutt, dass mir mar heemfueren, du mechs mir d'Kand nach geckeg.
- Eder Sief nët béis, Anni. - et get Saachen op der Welt, iwer déi kann ee besser mat de Kanner schwätzen wéi mat Erwuessenen.
(Di zwee gi fort, den Eder mecht d'Lût aus, de Pumuckl kënnt eran. Hien schwenkt an der Hand dem Schmit seng Fläsch mat der Medezin. Hien mecht d'Fläsch op, richt drun.)
- Pumuckl (schnuppert) Richt nët schlecht, richt wéi Peffermenzbéierschokela mat Alleskleber. Verstandesheber richt wéi Alleskleber. Reimt sech prima. Wiirkt och secher prima. Nemmen, wivill muss een do drénken? Wahrscheinlech, fir de Verstand ze hiewen, di ganz Fläsch. (drenkt) Brrr, - mir geet et dur, wann nëmnen ee Steck vu mengem Verstand gehuewen gët. Nëmnen dat Steck dat iwert d'Paapenbleiwen fir de Butz nodenkt. (geet ronderem d'Deppen)

- Pumuckl De Leim as am Dëppen
hien paapt ganz séier!
Oh, wär dach am Dëppen
dach lauter Béier.
Ooooh, wat ee phantastecht Gedicht. D'Medezin wirkt primissimo.
(drenkt nach eng Kéier)
D'Dëppen gehéiert dem Eder
dem Butz de Leim
nëmmen där ganz Blöder
gin him op de Leim.
Sin ech blöd? Ma sëcher nët. Also setzen ech mech weder dran, nach
drun. An mengem Kapp, do denkt et sech schon wéi am Kapp vun engem
Universitëitsproff - professor (as liicht voll) Ooh, wat dréint dann do?
Di ganz Wiirkstaat dréihnt sech em mech. - W-wann d'Wiirkstaat nëmmen
net schwindeleg gët. W-weem gefällt dat Gedréins sou gudd? Ophaalen!!!
(dréihnt sech, fällt an d'Leimdëppen, entsaat) Iiiii !! Wat mecht
dat Dëppen un mengem Pûpes? (De Pumuckl danzt am Krees ronderem, d'Dëppen
paapt un sengem Hëneschten.) Wann elo de Butz erakënnt, dann --
oh, Wiichtel, stitt mir bäi -- wat maachen ech mat engem gescheiten
Kapp, wann um aaneren Wupp een dommt Leimdëppen hänkt --
(D'Diir geet lues op. De Pumuckl verstoppt sech ënnert der Huwelbänk,
soudatteenn nëmmen d'Dëppen geseit. Den Eder kënnt eran, flüstert)
Eder Pumuckl, merci, dass du den Piepsi hannescht an de Käfeg gedro hues.
Schléifs du schon? (Mecht d'Lût un.) Mei Gott, wéi geseit de Buedem
aus! An d'Leimdëppen as och emgefall! (well d'Leimdëppen oprichten,
zitt debäi de Pumuckl eraus.) Pumuckl wat soll dat do dann heeschen?
Pumuckl Dat - dat weess och och nët. Obschon - obschon ech di Gëschmuregermedezin
vun dengem Frënd geholl hun. Mä, déi mecht mech guer nët gescheit, mä
d'Wiirkstaat domm, well si sech dréint - an dréint - an - (gaapst)
Eder Em Gotteswellen. D'Medikament! Du kanns dach nët einfach irgend ee
Medikament drenken - do kann jo, wess Gott, wat passéieren -- an
wéis du ausgeseis ---- (hëlt dem Pumuckl d'Dëppen weg.)
Pumuckl (onglecklech) Gesin ech dann nët e besselchen gescheit aus? (gaapst)
oooh, ech sin esou midd ---
Eder (besuergt) Lee dech gläich dohinner, wat maachen ech nëmmen?
Pumuckl Och vun der Fläsch drenken.
Eder (liest d'Etikett) Wirkt bei allen Erregungszuständen geistiger und
seelischer Natur, beruhigend und einschläfernd.
Pumuckl (léisst sech an d'Huwelspëin faalen.) Einschlä -- einschläfernd
Eder Nët an d'Huwelspëin, du bas jo voller Leim.
Pumuckl An - an wanns du elo un mir paapen bleiws, kann een dech gesin!
(kickelt) Nach méi gesin, wéi gesin.

- Eder Huet de Butzi och aus der Fläsch gedronk?
- Pumuckl Neen, huet nëmmen op de Buedem gepaapt.
- Eder Also, ech muss schon soen, esou frou, wéi ech sin, datt de Butzi hei as, esou frou sin ech, datt di zwee maar eremheemfueren. E Wiichtel an e Kant, dat as einfach ze vill fir mech.
- Pumuckl Wat? Si fueren maar heem?
- Eder Jo, da kanns du dech freen ---
- Pumuckl Freen mech iwerhaapt nët. De Butz soll bleiwen.
- Eder Wat!! Haut de mueren wollst du et nët emol zur Diir eranloossen.
- Pumuckl An mar de mueren wëll ech se nët erausloossen.
- Eder Elo verstin ech guer näischt méi.
- Pumuckl Awer ech. (Iwert dem Aschlofen.) Ech verstin einfach alles. Eng ganz gudd Medi - Medi - (schnaarcht)
- Eder (kuckt d'Medikament, richt drun.) Dovun hält deen hei keng Schlupp Ech sin gescheit genug.
- Pumuckl (am Schnaarchen) Pumuckl gescheiter - hoppla - hoppla - Reiter, a mar gesi mir weiter.
- (Rido - oder kurzen Iwergang. Et guet Mueren. De Pumuckl setzt virun der Wiirkstaatsdiir, fir ze weisen, datt hien keen well erauslossen).
- Pumuckl Et as di éischten Kéier, an mengem ganzen Liewen, datt ech léiwer en Hexemeeschter wär as wéi e Wiichtel. Ech géif ganz einfach der Mamm Zännwéi unhexen, datt si mam Butz muss heibleiwen. Mä, wat kann ee Wiichtel aanescht maachen, as wéi Saachen verstoppen? -- Ts, Tip, top verstoppen. Ah jo, esou as dat. - an domat fänken ech gläich emol un. T'éischt emol de Schlessel vun der Diir. An nach zougespaart --- (hien plot sech vill fir d'Diir ze spären) Dommt Schlass, du dreimol dommt Schlass, léisst du dech elo zouspären!!! (den Eder kënnt)
- Eder He, Pumuckl, wat mechs du dann do?
- Pumuckl (erféiert) E-ech? Oh, ech - ech --
- Eder De Schlessel get nët verstoppt. (helt de Schlessel, stecht en an seng Boxentäsch)
- Pumuckl Nët an d'Täsch! Du wärs gesin, du verléiers en an dann --
- Eder Ech wärd schon drop oppassen. Verlooss dech drop (stecht d'Hand an d'Boxentäsch)
- (D'Anni kënt eran, de Pumuckl verschwënnt. Hat huet eng grouss Poche, déi nach op as, hier Poche, dem Butz seng Poch an de Käfeg bei sech)
- Anni (riffet an d' Traapenhaus(Butz, komm elo endlech!
(zum Eder) Bis eise Butz haut de mueren färdeg as mat Kaffi drenken, dat kann ee jo net méi nokucken. Bass du esou gudd an bestells eis een Taxi?

(Den Eder geet un den Telefon, helt d'Telefonbuch, d'Buch fällt him aus der Hand.)

Eder Saprísti! (Hien hiewt d'Buch op, fänkt un ze bliederen, d'Buch fällt him erëm bal aus der Hand.)

Anni Komm gëf, elo sichen ech d'Nummer!

(D'Anni stellt d'Poche op de Buedem. Währenddeem si d'Nummer sicht, verschwénnt d'Poche, de Porte-monnaie, spéider d'Billet'en. D'Billet'en schwiewen an de Papäierkuew, de Porte-monnaie landt op dem Briederkoup)
Do steet et jo: 28 2 28!

Eder 28 2 28 (Ten Telefon fällt erof. Den Eder kann en grad nach opfänken)
Saprísti! Häs du elo emol op. - Ah - entschëllegt, ech hat iech nët gemengt, well dir w.e.g. an d'Gaardestrooss kommen, Gaardestrooss Nr 3 - No - dat as gläich bei der -- elo huet deen opgeluegt - esou eppes. Mä verstaan huet en mech , hie wärt gleich hei sin.

Anni Butz, wéi as dat? As dat nach fir haut?

Butz (kënnst eran, huet nëmmen ee Schun un) Ech kann mein aaneren Schung nët fannen!

Anni Also, dee Schung kann dach nët wäit sin!

(De Schmit kent eran)

Schmit Gudde Moien, alleguer. Ah, Fränz, wéi as et dir dann? Ech sin zoufällleg laanscht komm, hues du mei Stull schon geleimt? (leet sein Hutt ouni Absicht op d'Huwelbänk.)

Eder Jo, en as färdeg! Mä du kenns elo ganz ongeleean, meng Schwester as am Gang fortzagoen, mir waarden op den Taxi.

(Hannert hirem Reck schwiwt den Hutt op de Buedem.)

Butz Ech hun iwerall gesicht. Ganz bestëmmt!

Anni Du a sichen. Ech hu besser selwer ze goen. (leeft eraus)

Butz. (hiewt den Hut, ouni datt de Schmit et geseit, vum Buedem op, an leet en op den Desch. An der ganzer Szene miirkt de Schmit näischt vun de Bewegungen vun sengem Hutt)

Schmit Huet d'Medikament gewiirkt? - Hues du et geholl?

Eder Oh neen, ech sin dach nët verreckt!

Schmit (helt d'Fläsch) Ma secher hues du se geholl, d'Fläsch as jo bal eidel.

Eder Ah jo, dat hat ech ganz vergiess - ech hat se geholl - (laacht verleen) ween da soss?

Schmit Et hätt jo kënnsten sin, dass du behaapt häss, den ----

Butz De Monni Fränz behäapt näischt, wat nët wouer as. Dat mam Fudzuckl, dat as wouer.

Schmit Natiirlech! Ech hun mir dat mam Hutt di ganz Nuecht iwerluegt -- weess du, wat ech mengen? Am Dokter sengem Hutt as irgendeng Kunstfaser dran, déi lued sech elektresch op. An jee nodeem, wou een den Hutt hileet, segelt en einfach fort. Dat as pur Elektrostatik.

- Anni (kënnt mam Schung an der Hand eran.) Do as dei Schung. Ënnert dem Kleederschaaf. Du häss nëmmen richteg brauchen ze sichen!
(Dem Schmit sein Hutt as vun der Huwelbänk op de Stull geseget. Et huet keen et gesin.)
- Butz (wëll de Schung undoen.) Ma, Mama, et as keen Streckel méi dran, wéi soll ech dann elo de Schung strecken?
- Anni Dee war dach elo graad nach dran. Da muss en erausgefall sin, wéi ech dir en gin hun (sicht ronderem)
- Schmit Mat der Elektrostatik passéieren jo di komeschst Saachen, waan een z.B. zwou Kunststoffflächen openeen leet, dann kann et sin, datt eng wegsprengt, an ----
- Eder Sief net béis, mä du kanns mir elo keen Virtrag iwer Elektrostatik halen, d'Anni muss fort.
- Anni Hues du de Streckel gesin?
- Eder (nervös) Neen -- Mä hei, -- huel eng Ficelle. (kromt eng Ficelle aus engem Tirang) Pumuckl, dat notzt dach alles näischt!
- Anni Fränz!
- Eder Ech mengen jo nëmmen -- hei Gust, hei as dei Stull.
(D'Madame Stein kënnt eran)
- Mad.Stein (eppes ausser Otem) Entschëllegt, dat ech nët gëschter kom sin, mä ech hun esou vill ze dun. (leet dem Schmit sein Hutt erëm op d'Huwelbänk, setzt sech opotmend op de Stull)
- Eder Wann dir nëmmen e wéineg méi spéit komm wärt - Dir gesit, heit geet alles drënner an driwer - d'Famill as am gaang fortzefueren - Butzi, gedu, du schreiws nach eng Kéier.
- Butz Jo, Monni Fränz, dir an dem Pu ----
- Schmit Jo, Jo, fir e Kand as de Pumuckl graad dat Richtegt.
- Anni Ech weess nët esou richteg --- (helt hir Poche)
- Eder Hues du alles? Kuck léiwer no, d'Billet'en an de Porte-monnaie -
- Mad.Stein Ech halen iech nët laang op. Dir braucht mir nëmmen ze soen, wat ech iech schëlleg sin.
- Anni Mei Porte-monnaie as nët méi do. Ech sin sècher, dass en dra war.
- Mad.Stein Gott sei Dank sin ech elo graad eréischt erakom, ech hun äeren Porte-monnaie nët gesin.
(den Hutt segelt op de Buedem, keen miirkt et.)
- Schmit Ech hun en awer och nët. Dir wärt mir dat jo hoffentlech gleewen.
- Eder Krenonzeng am Schaaf! De Porte-monnaie huet guer keen, glaad keen. Dee leit éierewou. (Zum Pumuckl als Uerder:)
An elo eenzock leit en hei!
- Butz Do op den Briederkoup huet hien en geluegt.
- Schmit + Ween?
Mad.Stein

- Anni Ech weess schon de Pumuckl. Nu sid dach nèt topeg. Ech wess ganz genee, dat ech virdrun nogekuckt hat, wivill Suen ech nach hun. Dun hat ech e wuel dohin geluegt.
(Den Taxi tût.)
- Eder Ten Taxi! Also Anni, maach et gudd mat dengen Zänn, an weist ich geschwännerëm eng Kéier.
- Schmit Kommt, ech huelen alt äeren Kuerw, ech sin jo och um Goen. Wou hun ech mein Hutt dann higetesselt?
- Mad.Stein (hiewt den Hutt op) Oh, entschëllegt, hat ech en erofgeheit?
(si bléist den Stëps vum Hutt, Eng Stepswollek kënnt vun uewen an, riicht op d'Madame Stein.)
Also, Här Eder, gëschter war ech schon voll Steps, an haut schon erëm eng Kéier. Also, äer Wiirkstaat -- dat as wirklech en Zoumuddung. Wou kënnt dee Stëpts nëmmen hir?
- Eder Villäicht hat dir ze fest geblosen.
(Si leet den Hutt op d'Huwelbänk - et tût.)
- Anni (riff) Joooo - mir kommen! Addi, Fränz --
- Eder Hues du d'Billet'en? Kuck léiwer no!
- Anni (nervös) Ma natiirlech! (Kuckt trotzdeem no) -- Da wärten se am Kuerw sin. Etschëllegt -- (hëlt dem Schmit de Kuerw of an sicht)
Si sin nèt méi do! Mä, ech hat se dach elo graad nach. Ech hun d'Poche hei op den Buedem gestallt, an ech hat d'Billet'en nach an der Hand ---
- Mad.Stein Bleiwt ganz roueg, ganz roueg! Lues ausotmen -- sou; an elo sichen mir. Doheem fannen ech ëmmer alles erëm, wann ech roueg durchotmen.
(Am Hannergronn schwieft dem Butz seng roud Poche. Fir op der Bühn rutscht alles iwert de Buedem, fir d'Billet'en ze siche. Alles gët durchsicht. De Butz kuckt an d'Lût, geseit seng Poche - leeft, fir se ze fänken, d'Poche get eropgezun, esou datt et dono sprangen muss. De Pumuckl spillt mam Butz)
- Butz (begeeschtert) Pumuckl, Pumuckl! Du bas dee beschtégsten Wiichtel, deen et gët! (Et huet d'Poche erwécht an mëcht se op) Ech loossen dir d'Kamellen all hei. (Et tût)
- Anni Hal op mat dem Quatsch! Mei Gott -- mir verpassen nach den Zug!
- Eder Kom, kaf nei Billet'en! Ech bezuelen dir se. Et get héich Zäit!
- Schmit Hei -- wat gesin ech do am Papaierkuerw!
- Anni A wéi der Jomer, kommen déi dohin?
- Eder Ganz einfach - du has virdrun di al Billet'en weggeheit an cüni opzepasst ---
- Schmit (näischnotzeg) An, as et guer nèt dem Pumuckl seng Schold?

- Eder Keng Grimmel. (pëtzt dem Butz en Aa zou). Mir zwee wessen et ganz genau. Et deet eis deck datt d'Vakanz schon eriwier as, mir sin e besselchen durcherneen, méi as nèt -- oder?
- Butz (pëtzt)dem Eder en Aa zou) Méi as nèt, Monni Fränz.
- Schmit Also Fränz! Dat Medikament wiirkt Wonner. Dat muss eth gläich dem Dokter erzählen. Du bas schon bal erëm normal.
(et tût dreimol eneresch. De Schmit hëlt dem Anni sei Kuerw, den Stull an der Madame Stein hiren Schaf) Ech därf dach deenen Dammen hëllefen.
- Eder Da bleiwt jo näischt méi fir mech, da kann ech just de Butzi erausdroen.
- Anni Huël léiwer de Piepsi.
- Eder (hëlt de Käfeg)
- Butz (emärbelt sein Monni) Merci, Monni Fränz, et war esou schéin bei dir. Di nächste Kéier kommen ech eleng, an dann -- (flüstert him eppes an d'Ouer.)
- Eder Jo, dann bleiwt en villäicht dach nach paapen!
(Si gin all fort. Den Eder setzt dem Schmit nach schnell den Hutt op. De Pumuckl erschingt.)
- Pumuckl (sprengt rosen hin an hir) T'huet alles, alles näischt gedingt. Meng ganz Wiichtelweisheet huet näischt genotzt. Wann et nèt dat dommt Wiichtelgesetz géif gin, dass ech bei deem bleiwen muss, deen mech kann gesin, wär ech elo direkt matgefuer. Ah jo, esou as dat. Dommt Wiichtelgesetz, dommt Getûts, dommen Zug, alles domm, domm, domm --
- Eder (kënnt eran) Nëmnen de Pumuckl as gescheit.
- Pumuckl Neen, deen as grad esou domm. Hun et nèt färdeg bruecht, datt de Butz heibleiwt. Do - hues du dein Schlessel erem. Ech hat en dach geklaut, mä d'Diir huet sech nèt zouspären geloss.
- Eder Neen, esou eppes - dat hat ech iwerhaupt nèt an uecht geholl.
(stécht de Schlessel op d'Diir) Wann ech drun denken, wat's du gëschter alles opgefouert hues, wéi de Butzi komm as.
- Pumuckl A wann ech drun denken, wat ech haut opgefouert hun, well et fortgoen wollt. --
- Eder Dann huet sech do awer villes geännert.
- Pumuckl (seufzt) Allerhand! (helt eng Kamell, wëckelt de Papäier erof)
Alles wat ech elo nach vum Butz hun, sin d'Kamellen. Weess du wat?
Di (5 2 7) fennefzweeasiwen Kamellen halen ech elo fir éiweg an ëmmer.
Ah jo, esou as dat. An ech lecken nëmnen ganz heilandsdo drun, an nëmnen ganz e wéineg. -- Dat - dat as dach ganz schéin, oder nèt? A wééss de wat?
Emmer wann ech drun lecken, dann sin ech, e ganzën, ganzen léiwen Wiichtel.
- Eder (laacht) Dann kann ech nëmnen hoffen, dass du nèt esou ganz seelen dru lecks.

Pumuckl (5 2 7) Fennefzweesiwen Stecker machen
fennefzweesiwen Glecker

Eder An ëmmer wanns du lecks, bass du brav.

Pumuckl Dann lecken ech léiwer am Schlof.

Well brav sin, oh je, oh Graus,
gin d'Lüten direkt aus!

(sprengt op den Desch, Lüten aus!! magesch Beleuchtung)

An aus as dann d'Geschicht

Mat nach engem Gedicht.

Hee, Kanner, gitt elo heem!

Soss pëtzt een iech an d'Been

A lauschtert owens spéit um aacht

Wou do dee Wiichtel grugleg laacht!

Villäicht sëtzt dee klenge Geck

An äerer Kummer, an dem Eck.

(den Eder kënnt bei hien)

Eder Da Kanner sitt gescheit,

well Bravsin keen bereit - an

Pumuckl An --

Eder Nu je, da gëf et zou!

Pumuckl Krou - Kou - Flou - Rou

Rou as gudd --

Domat hu mir eis Rou.

(komësch gespenstesch)

An alles, wat sech reimt, as wouer!

(De Pumuckl kickelt bis de RIDO zou as)

§§§§§§§§